



näischt bäizefügen. Duerfir Merci natierlech och fir dee schréffleche Rapport.

Ech wollt just vläicht nach déi eng oder déi aner Fro stellen. Eng Fro un d'Madamm Minister: Kann een elo de Fëscherpermis och iwwer guichet.lu digital ufroen? Dat heescht, wa mer e jo digital hunn, da misst dat jo méiglech sinn, en och ze bestellen. Dat wier jo ee Moyen, fir d'Simplification administrative, jo, direkt Realitéit ze maachen.

Da wollt ech soen, dass jo haut, wéi de Rapporteur et scho gesot huet, ee just e puer Saachen, Onkloerheete gebotzt huet, fir et emol esou ze soen, an anerersäits eben den digitale Fëscherpermis agefouert huet. D'Regierung huet jo awer wëlles, och dat ass scho gesot ginn, u sech eng Reform vun deem ganze Fëscheriegesetz ze maachen, wat mir ganz gutt fannen. Gut wier awer, wann et net géif goe wéi beim Déiereschutzgesetz, wou e bësse spéit, fir net ze soe ganz spéit eréischt eis Fëscherassociatiounen respektiv d'Federatioun mat agebonne gi sinn.

Duerfir war ee Moment Onkloerheet, awéifern dass dat Gesetz oder wéi wäit dat Gesetz och géif eng Rei Implikatiounen hunn op, wéi gesot, d'Fëscher hei zu Lëtzebuerg. An duerfir wier et gutt, wa si direkt mat agebonne géife gi bei de Preparatiounsarbechte fir dëse Projet de loi. Da kéinte mer eis u sech esou Diskussiounen, wéi dat ebe beim Déiereschutzgesetz war, spueren.

An deem Sënn ginn ech awer den Accord vun der CSV-Fraktioun selbstverständlech zu dësem Projet de loi. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kaes. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas ageschriwwen.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix.**- De Spezialist!

► **Une autre voix.**- Den Expert!

► **M. Gusty Graas (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fëscherie gëtt jo hei zu Lëtzebuerg duerch dräi verschidde Regimier geregelt. Haut huele mer eng kleng Ännerung vum ganz wichtege Gesetz vir. Et geet hei ëm d'Gesetz vun 1976 iwwert d'Fëscherie an de Bannegewässer. Eng wesentlech Ännerung ass jo natierlech déi, déi vum Rapporteur, vum Här Benoy, scho ganz genoe erkläert ginn ass - ech soen em och Merci fir d'Erklärung, fir säi Rapport: d'Äféierung vun engem digitale Fëscheriepermis.

Dat ass keng nei Fuerderung. Déi gëtt scho jorelaang gestallt. An et huet ee sech jo oft d'Fro gestallt, firwat dass mer dat bis dato hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer net fäerdegbruecht hunn. Dowéinst ass dat heiten e wichtege Schrëtt, deen een nëmme kann ënnerstëtzen. Leider ass dat nach net méiglech fir d'Touristen. Och do muss nach vläicht dru geschafft ginn, dass mer och den Tourismus op deem Punkt dann nach méi attraktiv kéinte maachen.

Déi Fuerderung, wéi gesot, ass net nei. Leider, muss een och nach hannendrusoen, géllt se elo nëmme fir d'Bannegewässer, net fir d'Grenzgewässer. Mir wësse jo awer, dass déi meescht Fëscher nach ëmmer laanscht d'Grenzgewässer mat Däitschland ze fanne sinn. Dowéinst wier et och gutt, wann op deem Niveau vläicht och eng Kéier géif en Accord fonnt ginn.

Eng aner wesentlech Neierung ass jo, dass d'AGE, also d'Administration de la gestion de l'eau elo hei verankert gëtt an deem Gesetz. Wann ech do eng Kéier nach dierf vläicht kuerz zrëckblécken: D'AGE ass jo duerch d'Gesetz vum 28. Mee 2004 agefouert ginn, deemools mat enger Decisioun, déi ech perséinlech och net grad ganz flott fonnt hunn, mä mir hu se awer matgedroen och als DP, nämlech dass d'Waasserverwaltung an den Interieur ugeglickert gi war. Ech weess, dass besonnesch op dëser Säit nach haut Leit der Meenung sinn, dass wier vläicht déi beschten Iddi gewiescht. Ech mengen, dass dat keng gutt Iddi deemools war. An dowéinst wéilt ech nach eng Kéier hei betounen, dass et gutt war, dass déi viregt Regierung dat deemools redresséiert huet an dass d'Waasserverwaltung dohinner komm ass, wou se higehéiert, nämlech an den Environnement.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass och scho virdrun hei ugeschwat ginn, dass Gesetz ass vun 1976. Dass do eng gewëssen Adaptatioun muss kommen, ass evident. Ech wëll net soen, dass eng komplett Reform muss kommen, well esou schlecht ass dat Gesetz net. Et ass an der Philosophie net schlecht, mä vu

datt sech jo awer am Laf vun de Joren natierlech aner gesellschaftlech Iwwerleeungen agestallt hunn, muss gewëssen Ännerunge virgeholl ginn.

Ech wëll just drop hiweisen, dass ech selwer den 8. August 2002 eng Proposition de loi hei deposéiert hat. Ech weess, dass déi allerdéngs entre-temps vum Rôle geholl ginn ass. Ech wëll och net soen, dass et onbedéngt vläicht eng Meeschterleeschung war. Mä wa se net méi sollt erëmfonnt ginn, et gëtt bestëmmt nach en Tirang, wou se existéiert. An do sinn awer trotzdem, mengen ech, e puer Iddien dran, déi een awer och vläicht kéint mat aflësse loosse an dat neit Gesetz, wat dann elo soll ausgeschafft ginn.

Ech wëll och vläicht e puer Punkten hei ernimmen, déi menger Meenung no onbedéngt mussen an d'Reform vum Gesetz kommen. Zum Beispill en éischte Punkt ass eng méiglech Verlängerung vum Bail. Ech maachen do och eng Relatioun zum Juegdgesetz, wou dat méiglech ass. Et ass wichteg, dass e Bail och ka verlängert ginn, ouni eng Adjudikatioun ze maachen. Dat kéint déi zwou Parteien och arrangéieren.

Wat och ganz wichteg ass, dass ass eng Résiliation anticipée vum Bail bei enger Pollutioun, well mer oft an der Praxis de Problem hunn, dass Leit vläicht eng deier Fëscherie gesteeht hunn, déi awer da permanent verschmotzt gëtt duerch iergendeng diffus oder soss aner Pollutioun. An da wier et och wichteg, wann dee Bail kéint virzäiteg opgekënnegt ginn.

Eng drëtt Iwwerleeung ass déi, do maachen ech och e bëssen e Lien zur Juegd, ech fannen och, dass mer an engem Zäitalter ukomm sinn, wou och d'Fëscher, a si akzeptéieren dat och, vläicht eng gewësse Formatioun maache mussen, ier se an de Genoss vun engem Permis kéinte kommen. Woubäi ech allerdéngs direkt hei och wëll ënnersträichen, dass dat net soll verbonne si mat engem Examen. D'Fëscherie ass näischt esou eppes Komplexes wéi d'Juegd, se ass och net verbonne mat enger Arme, soudatt een och do net onbedéngt muss en Examen maachen. Mä ech sinn awer der Meenung, dass eng gewësse Formatioun scho soll virgesi sinn.

Dann e kollektiven Dagespermis, esou wéi e fir d'Grenzgewässer besteet, soll och menger Meenung no fir d'Bannegewässer kommen, well dat engersäits och fir d'Concours vu Virdeel ass an anerersäits dem Tourismus och kéint zousätzlech Impulser ginn.

Vläicht nach e leschte Punkt dann, dass ass den Avertissement taxé. Och dee muss mer onbedéngt um Niveau vum Bannegewässer aféieren, esou wéi en um Grenzgewässer besteet, well leider ass et nun eben esou, dass ee feststellt, dass ëmmer méi Leit mengen, si hätten hir eege Gesetzgebung. An et bestinn net genuch direkt Sanktiounen, soudatt dat eng Méiglechkeet wier.

Den Här Kaes huet zu Recht gesot, wa mer eis elo Gedanke maachen iwwert d'Adaptatioun vun dësem Gesetz, da soll dat och fréizäiteg am Dialog mat deene Concernéierte gescheien. Dat sinn natierlech an éischer Linn d'Fëscher. D'Fëscherie ass nach wie vor e ganz interessant Thema hei zu Lëtzebuerg. An dowéinst sollen déi Leit och fréizäiteg mat agebonne ginn.

Vläicht zum Schluss nach eng kleng Remark. Ech war nach eng Kéier op de Site Umwelt.lu luussen, wat Der do vun Informatiounen iwwert d'Fëscherie gitt. Do hunn ech awer festgestallt, dass ee Volet net drop ass. Ech weess, dass ass net deen, dee schrecklech bekannt ass, mä dat ass d'Fëscherie an de Grenzgewässer mat Frankräich a mat der Belsch. Dat gëtt oft vergiess. Mir hunn awer nach Grenzgewässer. Ech denken hei un d'Gander, ech denken un d'Äisch, wou speziell Bestëmmunge bestinn. Et wier vläicht net schlecht, wann, wéi gesot, och dat um Site géif stoen, well ech weess, dass do heiansdo Onsécherheete bestinn, inwiefern dass een och do ka Fëscherie ausüben.

Dat alles gesot, si mer awer trotzdem frou, dass déi kleng Adaptatioun kënnt, déi awer eng gewësse Bedeitung huet. An ech bréngen natierlech dann och d'Zoustëmmung vun der DP.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Graas. Als nächst kënnt dann den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, dass mer haut dës Adaptatioun, déi éischer eng textuell Upassung ass un déi besteënd Texter, hei kënnen stëmmen. An alles, wat a Richtung Digitalisatioun geet an enger moderner Gesellschaft, wäerte mir weider ënnerstëtzen.

zen. Duerfir ginn ech och heimat den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engel. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, villmools Merci, Här President. Och e Merci un den Här Benoy fir e ganz komplette Rapport. Mat der Digitaliséierung ass et esou eng Saach. Fir vill Leit ass dat natierlech eng grouss Vereinfachung, mä et ginn och ëmmer Leit, déi dat aus verschidde Grënn net matmaachen. An dofir mengen ech, sollt een awer och ëmmer oppassen, wann de Stat op de Wee vun der Digitaliséierung geet, dass do derniewent déi aner Méiglechkeet awer bestoe bleift, ...

► **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien !

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... soudatt och fir Leit, déi elo eben net digital esou doheem sinn, awer déi Méiglechkeet besteet, dann awer op eng einfach a séier Manéier un e Fëscherpermis erunzekommen.

Eng zweet Iwwerleeung, an dat huet och den Här Graas schonn ugeschwat, ass eben déi Noutwendegkeet, dass mer virun allem am Beräich vum Tourismus oder de Concoursen Dagespermisen aféieren. Dat wier eng ganz nätzlech Saach. Ech weess net, ob een elo wierklech muss op déi grouss Reform vum Fëscheriegesetz waarden, mä ech mengen, et wier wierklech eppes, wat ganz vill Leit géife gutt fannen. Et ass eng Kritik, déi ee ganz vill vun der Säit vum Tourismus héiert, dass dat eben hei am Land net méiglech ass. Dat ass eng Lacune, déi ee sollt méiglechst séier kënnen opfëllen.

Dat gesot, mengen ech, ass et, wéi den Här Benoy richtig erkläert huet, e Gesetz, wat haaptsächlech och Formuléierung moderniséiert, et huet keng grouss Portée. An dat, wat hei ass, fënnt eis Zoustëmmung. An dofir dréit d'ADR dëst Gesetz och mat.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir deen ausféierleche Rapport. Mir droen dat mat. Mir begrëissen ëmmer, wann eppes digitaliséiert gëtt. Mir wären awer frou gewiescht, wann et eng Etapp méi wäit gaange wär an dat Ganzt wär an enger App ze fannen, dass och jiddwereen, deen heihinnerkënn, dass kéint maachen. An da kéint een och nach eng Kéier e Rappel maache vun de Regeln, déi anzehale sinn, wann ee fësche geet.

A mir freeën eis natierlech, wann Der wëllt op de Wee goen, fir méi Déiereschutz herno an d'Fëscheriegesetz ze bréngen, op déi Diskussiounen. An d'Piraten wäerten och elo hir Zoustëmmung ginn zum digitale Pass.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert. An ech ginn et direkt un d'Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg.

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.**- Villmools Merci. Merci och fir déi grouss Zoustëmmung hei am Raum fir déi Ännerung, wou mer u sech wierklech eng technesch Upassung maachen a wou mer eis elo wäerten de Règlement ginn, wou mer, an do wëll ech dem Här Kaes natierlech äntwerten, eis iwwert de Règlement d'Méiglechkeete ginn, dass dat och iwwert de guichet.lu ze kréien ass, an d'Modalitéite wäerten dann och doranner ze fanne sinn.

Ech mengen, et ass wichteg, dass et eng Vereinfachung ass an dass mer de Wee vun der Digitaliséierung aschloen. A mir hoffen och, dass mer dat Ganzt bis Enn Abrëll, well et ass dat, wat da sécherlech d'Fëscher och wäerte froen, gemaach hunn.

Wat déi zweet Etapp ugeet, d'Abanne vun den Akteuren, do sinn elo e puer Schlësselementer gefall, dat geet vum Déiereschutz iwwert d'Verlängerung vum Bail, iwwer Formatiounen, iwwer och Sanktiounen. An ech mengen, dass si Voleten, déi sinn esou déif gräifend, dass et sech wierklech lount, ze debattéieren. Do wäerte mer net nëmmen am Conseil supérieur de la pêche zesumme mat de Fëscher, mat allen Akteuren diskutéieren, do wäert ech och nach eng Kéier an d'Chamber kommen, fir och mat lech honorabelen Deputéierten hei ze debattéieren.

An natierlech wäerte mer och do de grenziwwerschreidende Volet mat abauen. Et ass

esou, dass mer u sech an d'Grenzfëscheriekommissioun do wäerte kucken. An ech huelen och d'Umierkung Richtung Frankräich mat.

Domadder soen ech lech Merci an ech wëll och net vergiessen, dem honorabelen Deputéierte François Benoy e grouss Merci ze soe fir dee gudden mëndlechen a schréfflechen Rapport.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Ministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7288. Den Text steet am Document parlementaire 7288<sup>4</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7288 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass heimat ofgeschloss. De Projet de loi 7288 ass eestëmmeg ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Octavie Modert), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Misch, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Hansen), Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Yves Cruchten), Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

**7. 7368 - Projet de loi portant approbation des amendements au Protocole de 1999 à la Convention sur la pollution atmosphérique transfrontière à longue distance, relatif à la réduction de l'acidification, de l'eutrophisation et de l'ozone troposphérique, à ses annexes II à IX et portant ajout de nouvelles annexes X et XI, adoptés par la décision 2012/2 du 4 mai 2012 prise à Genève lors de la 30<sup>e</sup> session de l'organe exécutif de la Convention de 1979 sur la pollution atmosphérique transfrontière à longue distance**

Dee leschte Punkt vun eise Ordre du jour ass de Projet de loi 7368, een Amendement zu enger Konventioun iwwert déi grenziwwerschreidend Loftverschmutzung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

► **Plusieurs voix.**- Neen!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Oh pardon, entschëllegt! D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Max Hahn, den Här Georges Engel, den Här Fernand Kartheiser, den Här David Wagner an den Här Marc Goergen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire**

► **M. François Benoy (déi gréng), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, der europäescher Ëmweltagence no stierwen all Joer an Europa ronn 500.000 Leit fréizäiteg weinst der Loftverschmutzung. Propere Loft ass fir ons all iwwerliewenswichtig a si ass keng national, mä eng global Ressource.

D'Loftverschmutzung kennt bekanntlech keng Grenzen. Dofir muss mir och alleguerten zesummen heiheem, an Europa an an der Welt-





gemeinschaft derfür suergen, datt mir ons Loftqualitéit permanent verbessern. A genee datt maache mir och mat der Ratifizierung vum modifizéierte Göteborg-Protokoll vun 2012, dem Gesetzesprojet 7368, dee mir haut um Ordre du jour hunn.

Léif Kolleegen, 12- bis 18-mol d'Minutt otemt Dir Loft an. E Puppelchen otemt 40- bis 45-mol d'Minutt an an aus. Eng gutt Loftqualitéit ass eng Fro vun der Gesondheet vun de Mënschen an och vun all anere Liewewiesen op dësem Planéit. Si ass niewent gesondem Buedem a propperem Waasser eng vun den zentrale Grondlage fir den Erhalt vun onsen Ökosystemer. Och wann zanter den 1990er Jore schonn däitlech Fortschreitter gemaach goufen, esou ass d'Loftverschmutzung ëmmer nach e grouse Problem fir d'effentlech Gesondheet an d'Liewensqualitéit am Allgemengen.

Stéckoxide gräifen d'Otemweeër un, erhéijen de Risk fir Häerzkrankheeten a féieren zu chronesch Longekrankheeten, Houscht an Asthma. De Feinstaub ass wuel nach méi e grouse Problem, well e beim Anootme bis déif an d'Longen an an de Bluttreeslaf kënnt an esou nach méi schlëmm Konsequenze mat sech brénge kann.

Net nëmmen d'Gesondheet vun de Mënschen ass duerch d'Loftverschmutzung a Gefor, mä och déi vun der Natur. Duerch d'Iwwerdüngung vun der Loft ginn zum Beispill Séien an de Bierger an an de Polargebieder verschmotzt an Nährstoffaarm Planze gi verdrängt. Dat huet negativ Konsequenzen op d'Biodiversitéit a bréngt d'Ökosystemer aus dem Gläichgewicht.

De Göteborg-Protokoll vun 1999 ass den aachten Zousazprotokoll zur Konventioun iwwert d'Loftverschmutzung vun de Vereenten Natiounen vun 1979 tëschent den europäesche Länner, den USA, Kanada an der deemoleger Sowjetunioun inklusiv dem sougenannten Ostblock.

Mat der Upassung vum Protokoll vun 2012, dee mir haut zum Gesetz maachen, aktualiséiere mir onst Etappenzil fir 2020 a véier wichteg Reduktionsberäicher: beim Schwefeldioxid, dem Stéckstoff, dem Ammoniak an de flüchtigen organesche Verbindungen. Zousätzlech, an dat ass e wichteg Element, gëtt mat dëse Protokollännerungen och nach de Feinstaub PM 2,5 mat an d'Reduktionsziler opgeholl, inklusiv spezifesch Moossname bei de Russpartikel. Domat sinn elo fënnef wichteg Schadstoff ofgedeckt.

D'Grenzwärter, déi, wéi gesot, ab 2020 mussen agehale ginn, goufe fir all Land eenzel an och fir d'Europäesch Unioun als Ganz festgehalen. Dës Ziler sinn och an d'europäesch Direktiv fir d'Reduktioun vu Luftschadstoff, d'NEC-Direktiv, agefloss, déi Lëtzebuerg mam Règlement grand-ducal vum 27. Juni 2018 schonn transposéiert huet. Dës nei Reduktionsziler fir 2020 ginn ëmmer par rapport zum Basisjoer 2005 definéiert: beim Schwefeldioxid eng Reduktioun vu 34 %, bei de flüchtigen organesche Verbindungen eng Reduktioun vun 29 %, beim Ammoniak eng Reduktioun vun 1 %, beim Stéckstoff eng Reduktioun vun 43 % a beim Feinstaub eng Reduktioun vu 15 %.

D'NEC-Direktiv vun der Europäescher Unioun geet iwwregens méi wäit wéi de modifizéierte Göteborg-Protokoll, dee mir haut um Ordre du jour hunn, well hei sinn net nëmmen d'Grenzwärter bis 2020, mä och schonn déi fir 2030 dra festgehalen. Als eenheetlech Rechemethod gouf de Modell vum verkaaften an net vum konsuméierte Kraaftstoff gewielt.

Och wa mir ons natierlech permanent musse verbessern, esou kann een awer soen, datt Lëtzebuerg „on track“ ass. Bei den Emissiounen an de Beräicher Schwefeldioxid, Stéckstoff a Feinstaub si mir elo schonn ënnert de Grenzwärter fir 2020. Beim Ammoniak a bei de flüchtigen organesche Verbindungen si mir awer nach liicht driwwer.

Och fir d'Ziler vun 2030 ze erreechen, si mir an der Trajectoire, wa mir mam néidegen Engagement weidermaachen. An deem Kontext gesäit d'NEC-Direktiv och vir, datt Lëtzebuerg fir dat zweet Trimester vun dësem Joer en éischten Entworf vun nationale Programm géint d'Loftverschmutzung virleet. An dësem Plang musse konkret Mesurë beschriwwen ginn, wéi d'Reduktionsziler sollen erreecht ginn.

Den Ausbau vum effentlechen Transport, d'Fërdung vun der duusser an der Elektromobilitéit, den Embau op eng Kreeslafwirtschaft an eng nohalteg Landwirtschaft stëmme mech positiv, an awer däre mir ons net zréckleenen. Beim Schwefeldioxid si mer no un der Grenz. Do heescht et, en A op d'Industrie mat Verbrennungsanlagen ze hunn. Bei de flüchtigen organesche Verbindungen genee wéi och beim Ammoniak si mir iwwert der Grenz. Do brauche mer nach zousätzlech Efforten, beim Ammoniak speziell am Beräich vun der Landwirtschaft.

Anescht wéi beim CO<sub>2</sub>-Ausstouss gëtt et fir d'Loftverschmutzung iwwregens keen Emissionshandel. All Land muss do seng Reduktionsziler alleguer selwer mat nationale Mesuren erreechen.

D'Ännerung vum Göteborg-Protokoll trëtt 90 Deeg, nodeems zwee Drëttel vun de Länner se ratifizéiert hunn, a Kraaft. Der Datebank vun de Vereenten Natiounen no hunn op den Dag vun haut 14 Staten d'Ännerung ratifizéiert a mir wäeren domadder, wann Dir dat och esou gesitt, léif Kolleegen, dat 15. Land, wat dësen Amendement unhëlt.

**(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)**

Beim virleiende Gesetzesprojet handelt et sech ëm en Article unique. A sengem Avis huet de Statsrot och keng weider Observatiounen um Fong gemaach. Och d'Handels- an d'Handwierkerkummer hunn de Projet approuvéiert. Duerch d'Ëmsetzung vum Amendement vum Göteborg-Protokoll confirméiert Lëtzebuerg, wéi scho gesot, seng Ziler am Beräich Loftqualitéit fir 2020 an ënnerstëtzt déi international Efforte fir eng besser Loftqualitéit, wat positiv ass fir d'Gesondheet vun de Mënschen an d'Ëmwelt.

An deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Nolauscheren a ginn heimadder och direkt den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci och dem Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Paul Galles fir d'CSV.

**Discussion générale**

► **M. Paul Galles (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zu Davos huet déi 16 Joer al Klimaaktivistin Greta Thunberg dee berühmte Saz gesot: „Ech wëll, dass Der a Panik gerot. Ech wëll, dass Der déi Angscht spiert, déi ech spieren.“

Et ass wouer, et ass en emotionale Saz. Mä grad dee Saz weist a mécht däitlech, dass dat Thema, wat mer hei behandelen an haut an der Chamber diskutéieren, och eng emotional Säit huet. Mënsche si beträff, Mënschen, déi sech Gedanke maachen, Mënschen, déi Angscht hunn an deenen d'Gesamtsituatioun Angscht mécht, Mënschen, déi zum Beispill Freideg fir Freideg protestéieren ginn, a Mënschen, déi sech einfach nëmme fir sech doheem hir Gedanke maachen.

D'Thema vun der Luftverschmutzung ass deemno keng reng statistesch oder mathematesch Saach, bei där mer mat Zuelen ëm eis geheien, mä en anthropologesch Thema, an deem et ëm Mënsche geet, jo souguer e systemesch Thema, bei deem e ganze System, de System vun eiser Loft a vun eisen natierleche Liewensgrondlagen zur Debatte steet. Et ass deen Aascht, op deem mer zéien.

Et ass en Thema, wat mam Klimawandel ze dinn huet, natierlech. Mä et ass virun allem en Thema, dat eis Gesondheet betrëfft. Dëst Thema ass net eleng eng Selbstverständlechkeet, mä, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen a léif Madamm Minister, et ass eng Noutwendegkeet.

An d'Diskussioun vun de leschten Deeg bei eisen däitschen Nopere weist nach eng kéier, net nëmmen d'Loftverschmutzung ass grenziwwerschreidend, mä och d'Noutwendegkeet, ze handeln. Dofir soen ech dem Här Rapporteur, dem Kolleg François Benoy, villmools Merci fir säi gudde schrëftlechen a mündleche Rapport, an deem en d'Wichtegkeet vun dësem Gesetzesprojet ënnerstrach huet.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir stëmmen also haut de Projet de loi Nummer 7368. Et handelt sech ëm d'Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv zu engem Amendement zum Protokoll vu Göteborg aus dem Joer 1999, déi als Zil huet, déi grenziwwerschreidend Luftverschmutzung ze limitéieren. D'Emissiounen vu Schwefeldioxid, vu Stéckoxiden oder Stéckstoffoxiden, vum Ammoniak, de Particules fines 2,5 Mikrometer a vun organesche Verbindungen ausser dem Methan sollen doduerch éischten besser geréiert kënnen ginn an zweetens reduzéiert ginn. Dës Plafongen, déi scho virdru festgeluecht goufen, solle mat dësem Projet nach méi ambitiéis ginn. An dat ass gutt, dat ass richtig gutt. Ëmweltpolitik, besonnesch wann et ëm eis Loftqualitéit geet, kann net ambitiéis genuch sinn.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Paul Galles (CSV).**- An à la base si mer natierlech domat d'accord, fir all dës Emissionswäerter erofzesetzen, esou wéi de Projet et virgesäit.

Och mir wëllen eis fir eng besser Loftqualitéit an eise Land asetzen an ambitiéis Ziler verfollegen. An ech selwer muss zouginn: An der Au-

senanersetzung mat dësem Thema hunn ech viles bäigeliert.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Paul Galles (CSV).**- Bei esou ambitiësen Ziler stelle sech allerdéngs eng Rei Froen, wa mer net einfach nëmme wëlle flott Wieder gebrauchen. An dës Froe sinn net rhetorescher Natur, mä se sollen ee Bäitrag dozou sinn, dass mer eis Ziler nach besser an nach méi adequat erreechen.

Déi éischt Fro: Wéi ambitiéis sinn eis Ziler eigentlech a wierklech? A wou sti mer am Moment eigentlech? An déi zweet: Wéi kréie mer dës grouss Ziler a konkret Moossnamen iwwersat, fir dass d'Loftqualitéit vun eise Matbierger tatsächlech a real geschützt bleift a verbessert gëtt?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den éischte Froekomplex: Wéi ambitiéis sinn eis Ziler eigentlech a wierklech? A wou sti mer am Moment? Et ginn hei jo fënnef verschidde Beräicher behandelt. D'Regierung huet bei der Ëmsetzung vun dësem Projet de loi schonn ambitiësen Grenzwärter fir d'Joren ab 2030 nach weider an d'Luucht gesat par rapport vun der Direktiv PEN - Plafonds d'émission nationales - vun der EU: fir den NO<sub>x</sub>, also d'Stéckoxide vun 43 % op 83 % par rapport zu 2005 a fir den Ammoniak vun 1 % op 22 %.

Bei deenen aneren dräi, dat hat den Här Benoy scho gesot, si mer scho relativ gutt. Wann ech mer net d'Prozentzuele par rapport zu 2005 ukucken, mä déi absolut Zuele bei de Particules fines, also dem Feinstaub, hu mer d'Zil fir 2020 scho méi laang erreecht, ongeféier säit 2007. An d'Zil fir 2030 hate mer bal schonn eng kéier erreecht. Mir sinn also no drun.

Bei den organeschen, net methanesche Verbindungen ware mer schonn eng kéier gutt a sinn elo ëmmer nach no um Zil vun 2020 drun, an dat vun 2030 ass net allze wäit ewech, och wann eis Kurv op engem Punkt ukomm ass, wou et schwéier ginn ass, se nach weider no ënnen ze zéien.

An am beschte gesäit et aus beim Schwefeldioxid, wou mer scho säit 2008 bal d'Zil vun 2020 erreecht hunn an elo méttlerweil souguer scho besser si wéi d'Zil vun 2030. Mir kënnen eis Ambitiounen also getrousch op déi zwou aner Saache konzentréieren.

Méi schwierig, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass et näamlech beim Ammoniak a besonnesch bei de Stéckoxiden. Den Ammoniak, dee besonnesch an der Agrikultur zustane kënnt, war schonn eng kéier ënnert dem Zilwäert vun 2020 - dat war de Fall esou ëm 2005 -, mä méttlerweil zitt d'Kurv erëm ganz liicht un a mir leien erëm liicht iwwert dem Zilwäert vun 2020 an domat trotzdem och nach e gutt Stéck iwwert deem vun 2030.

Souwäit ech weess, gëtt et vum LIST hier en Ammoniak-Screening, deen eiser Meenung no onbedéngt néideg ass, fir dat Richteg op der richteger Plaz ze maachen a kengem onnéideg Angscht ze maachen.

**(Interruption)**

Mä besonnesch spannend sinn natierlech d'Stéckoxiden. Et gëtt näamlech bei de Stéckoxiden zwee Grenzwärter, déi ee berücksichtegen muss: dee laangfristegen an dee kuerzfristegen. Dee kuerzfristeg gëtt op eng Stonn gerechent an dierf 200 Mikrogramm pro Kubikmeter net iwwerschreiden, wat enorm vill wär, well dat scho Wäerter sinn, déi zu Entzündungen vun de Schläimhant, zu Asthma oder Bronchite féiere kënnen.

Dee Grenzwäert gëtt, esou hunn ech mer dat soe gelooss, zu Lëtzebuerg ni an néierens iwwerschritt. An dat ass gutt.

Leider ass de Bilan awer net gradesou gutt beim laangfristeg Grenzwäert. Dee gëtt op ee Joer gerechent an dierf 40 Mikrogramm pro Kubikmeter net iwwerschreiden, wat awer op e puer Plaze geschitt, an zwar op deenen übliche verdächtige, näamlech an deene gréissten Agglomeratiounen vum Land, wou och vill Verkéier ass, well 60 % vun de Stéckoxide gi vum Transport routier verursaacht, soudass dee Constat natierlech eppes fir den Auto bedeite muss. Mä wat? A wat bedeit et fir den Diesel zum Beispill? Mä dorop kommen ech nach gläich.

Iwwregens muss een dobäi soen: Wou Stéckoxide sinn, sinn och Particullen, déi vill duerch Autospneuen, bremsen, kuppelen, mä och duerch Pollen oder Stëbs vu Chantieren entstinn. A par la force des choses gëtt et do, wou Particullen a Stéckoxide sinn, och vill Lärmbelästegung, also eng multipel negativ Wierkung op eis Gesondheet.

Ausserdem kënnen sech Stéckoxide mat Ammoniakgase verbannen an dat bilden, wat ee sekundäre Feinstaub nennt. Wat wëll ech domat soen?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, grad hei bei de Stéckoxide sinn immens ambitiësen Ziler immens wichteg. Mä dee Sprong vun 43 % Verbesserung vun 2005 op 2020 hin zu ganzer 83 % vun 2005 op 2030 ass immens grouss a stécht par rapport zu deenen anere véier Komponenten natierlech eraus, zemoos déi reviséiert Direktiv PEN fir Europa schonn dat ambitiëst Zil vun 63 % ausginn hat a mir nach weider 20 % dropgeluecht hunn, wuel wëssend, dass mer wéinst dem „border sharing“ ëmmer méi liwwere mussen.

Erlaabt mer dofir, Madamm Minister, schonn emol folgend Froen: Firwat hu mir däraarteg vill méi ambitiësen Ziler, wéi se vun der EU-Direktiv virgesi waren? Well de sprangende Punkt ass jo hanneren um Enn net den Zuelewäert en tant que tel, mä dass mer en och tatsächlech erreechen. Op Basis vu wéi engen Donnéeën huet d'Regierung dës Prozentsaz nach weider erofgesat? Wisou 83 % an net zum Beispill 75 % oder souguer 88 %?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Madamm Minister, et gëtt nach een zweete Froekomplex, an deen ass immens spannend a wichteg. Wéi kréie mer dës grouss Ziler a konkret Moossnamen iwwersat, fir dass d'Loftqualitéit vun eise Matbierger tatsächlech a real geschützt bleift a verbessert gëtt?

Madamm Minister, gëtt et do eng detailléiert Roadmap fir d'Ëmsetzung vun dësen Objektiv? Wat ass déi konkret Strategie, fir dës Objektiv ab 2030 ze erreechen? Mir vermessen déi grouss Richtung am Projet de loi, wou just Zuele genannt ginn, awer net, wéi dës sollen ëmgesat ginn. An do läit jo genau d'Kromm an der Heck. Et ass jo dorunner, wou mer herno vun eise Bierger gemooss ginn.

A mat dëser grondsätzlecher Fro sinn och nach folgend aner Froe verbonnen: Wann d'NO<sub>x</sub>-Wärter weider erofgesat ginn, heescht dat, dass d'Regierung weider méi vum Dieselerbrauch wëllt ewechkommen? Wéi vill Diesel misst à long terme manner verkaaft ginn, fir dës Ziler ze erreechen? Muss den Dieselpreis dofir erhéicht ginn? A wa jo, wéi vill? An dat si seriö Froen, well sech d'Leit genau doriwwer Gedanke maachen.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Paul Galles (CSV).**- Et gëtt an der Politik an an de Medie momentan, souwuel national wéi och international, vill iwwert den NO<sub>x</sub> an den Diesel geschwat. Mä net den Diesel eleng ass de Problem, och de Bensinner verursaacht Knascht, an zwar Feinstaub an CO<sub>2</sub>.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Paul Galles (CSV).**- Et bréngt also näischt, den Diesel eesäiteg ze stigmatiséieren, well de Problem ass vill méi breet. A wann ee sech just op ee Problem aschéisst, iwwersäit ee gären deen aneren. A grad an dëser Debatte däre mir net einfach op engem A blann sinn. Well dat, wat geschitt, ass jo, dass vill Dieselfuhrer veronséichert sinn a vill vun hinnen hu schonn op de Bensinner iwwergeswicht. Etüde bewiesen allerdéngs, dass mer duerch dës Ëmswitchen op Bensinnsautos riskéieren, dann erëm eis CO<sub>2</sub>-Emissionsziler net ze erreechen. An deem Kontext froe mer eis: Wéi gesäit hei d'Strategie vun der Regierung aus?

Eleng d'Primm fir Elektroautoen, déi d'Regierung virun dräi Joer ofgeschaaft an dunn erëm agefouert huet, kann aus eiser Siicht net d'Leisung an dësem komplexen Dossier sinn. Hei spillen dann natierlech och nach ganz aner Froen mat wéi zum Beispill déi vun der Nohaltegkeet. Oder gëtt u Sanktiounen geduecht? Wat d'Infoe fir d'Leit méi kloer sinn, wat besser fir de Konsument.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Minister, eng ganz aner Fro ass awer nach déi heiten: Wann een un d'Problematik vun den NO<sub>x</sub>en denkt, gëtt praktesch ausschliesslech vum Auto geschwat. Allerdéngs sinn och Fligeren a Schëffer dovun beträff. Besonnesch de Fluchverkéier ass hei zu Lëtzebuerg omnipräsent. An et muss ee wëssen, dass den Emissionsausstouss an der Héicht d'Ozonwäerter weider férdert.

Ass dës e Sujet, mat deem eis Regierung sech ausenansetzt? Wa jo, wat soll do ënnerholl ginn? Ginn et konkret Chifferen zu de Wäerter vun de Fligeren? Wéi eng Konklusiounen zitt d'Regierung doraus? A wéi ass d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung zu dësem Thema um EU-Niveau?

An op der Musel fueren och eng Rei Schëffer. Wat ass d'Inzidenz vun dësen op d'Emissionsen? Ginn et dofir Zuelen? Wéi eng konkret Mesurë wëllt d'Regierung huelen, fir hei





d'Emissiounen ze reduzéieren? Och hei vermësse mer bis dato konkret Aussoen.

Souwäit ech weess, gouf et emol eng Kéier zu Réimech eng Moossstatioun. Mä ech mengen, se hätt éischter am Biergop an der Uertschaft gestanen, soudass se net direkt moosse konnt, wéi op der Musel d'Loft belaauscht ass. An da stellt sech d'Fro vun de Schëffer, déi ënner Lëtzebuurger Fändel fueren, a wat fir enger Bilanz déi optauchen, wann net elo hei an dëser.

An zum Schluss: Wat kéint een nach alles maachen, fir eis Loft ze entlaaschten? Am Programme national qualité de l'air si schonn eng ganz Rei gutt Virschléi zu Moosnamen dran. Déi misst een onbedéngt, menge mer, ergänzen duerch Iddie wéi Home-Office oder Télétravail, virun allem am Déngschtleeschungssektor, well wien net fuere muss, dee verknascht och net.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass en immens wichtegt a spannend Thema, en Dossier, op deem vill geschéie muss. Dir gesitt awer och, et ginn nach ganz vill Froen, déi sech fir eis bei dësem Projet de loi stellen. Mir hoffen, op all déi Froen Äntwerte vun der Madamm Minister ze kréien. A wéi scho gesot, ënnerstëtze mer d'Regierung trotz den oppene Froen an all hiren Efforte fir eng besser Loftqualitéit hei am Land. An dofir stëmmt meng Fraktioun dëse Projet natierlech ganz gäre mat.

Ech soen Iech villmools Merci.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci och. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Max Hahn fir d'DP.

► **M. Max Hahn (DP).**- Merci, Här President. Am Fong stellt dëse Gesetzesprojet aus enger reng rechtlecher Siicht näischt Neies duer. Déi national Legislatioun gëtt net erweidert an et ginn och keng nei Wäerter definéiert, wat d'Emissiounen vun de fënnf sougenannte Polluant-atmosphériques - Schwefeldioxid, Stéckoxiden, Ammoniak, de rengen Stébs an d'flüchtigen organesch Verbindungen - betrëfft.

Den Amendement um Protokoll vu Göteborg definéiert Ziler, ëm wéi vill Prozent d'Emissiounen vun deene fënnf genannte Substanzen ab 2020 par rapport zum Referenzjoer 2005 reduzéiert solle ginn. Den Ausstouss um Schwefeldioxid soll zum Beispill ëm 34 % erofgoen.

Parallèll dozou hunn d'Europäesch Parlament an den Europäesche Rot de 14. Dezember 2016 eng Direktiv ugehol, déi net nëmme genee déiselwecht Ziler wéi den Amendement, dee mir haut ratifizéieren, virgesäit. Neen, d'Direktiv geet souguer nach e Schrëtt méi wäit aleet an enger zweeter Etapp nach méi ambitiöse Ziler ab dem Joer 2030 fest. Esou soll, fir beim Beispill um Schwefeldioxid ze bleiwen, dësen Ausstouss ab 2030 ëm 50 % par rapport zum Joer 2005 erofgoen.

Dës Direktiv gouf duerch de Règlement grand-ducal vum 27. Juni 2018 an nationaalt Recht ëmgesat, soudass déi Ziler, déi den Amendement vu Göteborg festhält, an iwwert déi mir haut de Mëtteg hei ofstëmmen, schonn zënter engem hallwe Joer Deel vun der nationaler Legislatioun sinn. An awer gëtt eis dëse Gesetzesprojet d'Geleeënheet, iwwert dëst wichtegt Thema, de Schutz vun eiser Loft, ze diskutéieren. An dat ass natierlech nëmmen ze begrëssen.

Mir sinn als Demokratesch Partei selbstverständlech vollkommen derfir, eis Emissiounen esou wäit et geet ze reduzéieren an och déi dofir noutwendeg Mesuren ze huelen.

Déi verschidde Substanzen stellen net nëmmen eleng eng Gefor fir eis Gesondheet, mä och fir eis Ëmwelt duer. Eng Gefor, déi mer net op déi liicht Schëller därefen huelen. Si gräifen näamlech d'Otemweeër un, an dat ganz besonnesch bei méi empfindleche Bevëlkerungsgruppe wéi zum Beispill eelere Leit, awer och bei méi jonke Matbierger, bei de Kanner, a se kënnen zu chronesch Krankheeten, jo, bis zum Doud féieren.

Do dernieft droe se zur Iwwerlasterung vun eiser Ëmwelt bäi, also dem Waasser, de Biedem an de Planzen. Doduerch ginn eis Ökosystemer staark belaauscht, a jo, och d'Aartevillfalt ass heider duerch bedrot. Wa mer wëlle sécherstellen, dass eis Kanner propper Loft anootmen, a wa mir eis Natur wëlle schützen, da komme mer net derlaanscht, cibléiert Mesuren ze huelen, fir déi jeeweileg Emissiounen ze begrenzen.

Wéi ass elo déi aktuell Situatioun hei am Land? Wat d'Erreeche vun den Ziler betrëfft, muss ee Lëtzebuerg effektiv a verschiddene Beräicher eng gutt, jo respektiv souguer eng ganz gutt Nott ginn. Wa mer zum Beispill de Schwefel-

dioxid kucken, do leie mer schonn ënnert dem Zil, wat mer bis 2030 sollen erreechen.

Bei de Stéckoxiden, de sougenannten NO<sub>x</sub>, a beim rengen Stébs, de Feinstaubpartikelen, déi haaptsächlech an der Mobilitéit fräigesat ginn, hu mer d'Ziler vun 2020 zwar och schonn erreecht, mä et bleiwen awer nach grouss Efforte bis 2030 ze maachen. An deem Kader ass d'Elektromobilitéit an eisen Aen en zentralen Hiewel, dee mer mussen usetzen, fir déi Emissiounen dauerhaft an de Grëff ze kréien.

Dofir begrësse mir och, dass d'Regierung déi richteg Akzenter an deem Beräich setzt an déi néideg Bedéngungen schaaft, fir d'Leit ze incitéieren, ëmzeklappen op d'Elektroautoen, a si och wierklech dann heibäi ze ënnerstëtzen. Huele mer nëmmen déi nei Primme beim Kaf vun engem Elektroauto oder och nach den Ausbau vun de Luedestatiounen uechtert d'Land, wou mer jo zu deenen dräi Beschten an Europa gehéieren, wat d'Densitéit betrëfft!

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

Et dierf een awer och net verheemlechen, dass mer och hei e bësse vun der Fuerschung ofhängeg sinn, wat d'Automobilindustrie ugeet, fir nach méi performant Ween mat méi Autonomie op de Marché ze kréien. Mä och do sinn ech ganz zouversichtlech.

Mir sinn do op engem gudden Wee insgesamt a mir si warscheinlech scho méi wäit, ewéi d'Ziele suggeréieren, vu dass d'Emissiounen jo op Basis vum Spritt, dee mir hei am Land verkaufen, berechent ginn, woubäi dann natierlech och de ganzen Tanktourismus an d'Rechnung mat afleisst.

Här President, e bësse manner gutt gesäit d'Situatioun aus, wa mer d'Wäerter vum Ammoniak an de flüchtigen organesch Verbindungen kucken. Do muss mer näamlech feststellen, dass am Moment weder d'Ziler vun 2030 nach déi vun 2020 erreecht ginn. Do bleiwen also nach vill Ustrengungen ze maachen. Besonnesch ee Sektor wäert heivunner betraff ginn, an dat ass d'Landwirtschaft. Déi ass näamlech fir 95 % vum Ammoniakausstouss an engem Drëttel vun den Emissiounen u flüchtigen organesch Verbindungen responsabel.

Eis ass natierlech all bewosst, dass dat e kriddelecht Thema ass. Eis Baueren hunn et hautdesdaags näamlech schonn net einfach, fir als Betrib um fräie Marché ze iwwerliewen. An dobäi kommen ëmmer méi Virschreften, déi se mussen anhalen. Gläichzäitig ass et awer evident, dass si och hire Bäitrag musse leeschten.

Fir eis als DP ass et dowéinst wichteg, dass d'Baueren adequat begleet an encadréiert ginn an dass se gehollef kréien, dës nei Oplagen ze ertellen.

Här President, de Plan national de lutte contre la pollution atmosphérique soll den 31. Mäerz, also an engem gudden Mount, virgestallt ginn. Ech mengen, et hätt der Diskussioun sécher net geschuett, wa mer dëse Projet am Abrëll diskutéiert hätten.

Ofschléissend wëll ech dem Rapporteur François Benoy villmools Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport. Iech géif ech villmools Merci soe fir d'Nolauschteren, an ech géif natierlech heimat dann och den Accord gi vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass ee Gesetzesprojet mat enger grousser Envergure, wéi een dat vläicht net aus dem Titel kéint erauslesen. D'Emissiounswäerter bis 2020 ginn hei definéiert, mat all senger Konsequenzen, déi dat wäert hunn.

Zur Pollution atmosphérique misst ee wëssen, dass et en moyenne 5,5 Milliounen Doudeger pro Joer weltwäit ginn duerch d'Pollution atmosphérique. Et ass de véiertheefegste Grond vun engem virzäitegen Doud an en ass responsabel fir een Doud op zéng op der Welt. D'Pollutioun vun der Loft ass duerfir e wichtegen Enjeu fir eis Gesondheet a fir eis Ëmwelt.

D'Convention de Genève vun 1979, wou jo och viru 40 Joer déi éischt Klimakonferenz war, wou ee gesäit, dass d'Ëmweltproblematik nach net esou laang erkannt gouf - iwwregens, fënnf Joer duerno goufen déi gréng gegrennt -, ass ee vun deenen éischten Instrumenter fir d'koordinéiert Lutte géint d'Loft- an Ëmweltverschmutzung an déi éischt Dynamik fir Zesummenaarbecht vu Politik a Wëssenschaft op internationalem Niveau, virum GIEC, dem Groupe d'experts intergouvernemental sur l'évolution du climat, deen et säit 1988 gëtt an deen iwwregens och den 8. Oktober d'lescht Joer ee Rapport erausginn huet, deen alles aneres wéi positiv ass.

Et ass also de richteg Choix, dass Lëtzebuerg seng Reduktiounsziler fir 2020 respektiv 2030 schonn am Kader vun engem Règlement grand-ducal vum 27. Juni 2018, mat deem eng europäesch Direktiv vun 2016 transposéiert ginn ass, an de Stee vun eise nationale Recht agemeesselt huet.

Et soll also keen Zweifel méi sinn, wéi gefeierlech Loftverschmutzung fir de Mënsch a fir de Planéit ass. Mir sinn alleguer, mengen ech, heibannen d'accord, dass eppes muss geschéien. Mä wat a wéi muss et geschéien?

Fir den Normalstierflechen ass et näamlech schwéier, sech an den zum Deel widdersprechelechen Meinungen aus deene leschte Méint vun Experten a Politiker erëmfannen. Oft gëtt een Deelaspekt vun enger komplizierter Wierklechkeet erausgepickt a kritt eng grouss medial Opmierksamkeet, méi wéi aner Aspekter. A kuerz duerno héiert een dann, wéi haut an engem Artikel an der „Zeit“, datt de Longendokter, dee sech als Virspriecher vun deenen aneren honnert Longendoktere gemaach huet, sech an den Zuele geiert huet, dass en awer net esou richtig war mat sengen Zuelen, soudass et wierklech schwéier ass fir den Normalstierflechen, sech doranner erëmfannen.

A mir hunn do als Politiker eng grouss Verantwortung vis-à-vis vun eise Bierger.

Een Thema, wat vill an der Ëffentlechkeet diskutéiert gëtt, dat sinn d'Particules fines. D'Particules fines falen net direkt op de Buedem. Si hale sech eng gewëssen Zäit an der Atmosphär, an dat ass och dat, wat se esou gefeierlech mécht fir eis Gesondheet.

Eng Regel, déi ëmmer Bestand huet, ass näamlech déi: Wat den Duerchmiesser vun deene Particelle méi kleng ass, wat e méi kritesch fir d'Gesondheet vun Mënsch ass. PM 2,5, also d'„particulate matter“, déi en Duerchmiesser huet vu manner wéi 2,5 Mikrometer, déi ka bis an d'Bronchen, bis an d'Alveole, bis an d'Longeblosen duerchdréngen an doduerch dann zu Otemweeerkrankungen an Härerzkrankungen bis zum Härerzschlag féieren. Dat ass also net näischt.

A laut der Europäescher Ëmweltagence hate mir hei zu Lëtzebuerg awer ëmmerhin 240 Doudeger weinst Particules fines an, wann een dann nach den Ozon an och d'NO<sub>x</sub>en derbäirechent, awer ëmmerhin 300 Doudeger, déi dorobber zrëckzeféiere sinn.

D'Bewunner an de Stied, déi sinn am meeschte betraff. Een Drëttel vun de Residenten an europäesche Stied sinn enger Konzentratioun ausgesetzt, déi iwwert dem europäesche Grenzwäert vu 25 Mikrogramm ass. De Grenzwäert soll op 20 Mikrogramm pro Meter Kibb fir 2020 erofgesat ginn. A souguer d'OMS, déi seet, de Wäert misst halbéiert ginn.

Am Amendement um Protokoll vun 1999 hale mer eng Reduktioun vu 15 % bis 2020 respektiv 40 % bis 2030 par rapport zu 2005 fest.

D'Particules fines, déi ginn oft a Verbindung bruecht mat dem Transport a mat dem Verkéier, besonnesch mam Auto. Dat ass u sech och net falsch, mä et ass och net ganz richtig. Et ass net ganz richtig, et nëmmen op den Individualverkéier ze reduzéieren. Rußpartikelen, Partikelen duerch d'Reiwe vun de Bremsen an d'Pneuen, mä awer och Sandkären, Pollen, Mikroplastiken, Salzkristaller, Glasstébs, alles dat gehéiert zu de Particules fines. Also, dat sinn net nëmmen Elementer, déi een am Transport an am Verkéier erëmfënnt.

Hei zu Lëtzebuerg fënnt een déi PM 2,5 oder ginn déi ervirgeruff haaptsächlech duerch d'Hëtzen an eise Gebaier, 48 %, 19 % duerch d'Landwirtschaft, 17 % duerch de Stroosseverkéier an 10 % duerch eis Industrie.

D'Statistik weist also, dass et falsch ass, deen Debat just op de Stroosseverkéier ze reduzéieren. Fir dass mer Succès hunn, brauche mer Eforten a Koordinatioun a ville Beräicher.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Georges Engel (LSAP).**- D'Erhéijung vun de Subventiounen fir energetesch Sanéierung vun eise Gebaier, dat ass sécherlech eng wichteg Etapp, fir d'Emissiounen vun de Particules fines ze drosselen, well dat awer ëmmerhin 48 % vun deene PM 2,5 ausmécht.

A mir brauchen och, a virun allem, eng Akzeptanz an der Gesellschaft. D'LSAP steet net fir eng Ecologie punitive, mä fir eng positiv Bestärkung. Duerfir ware mer och fir de gratis ëffentlechen Transport. Dat soll eng positiv Bestärkung sinn. An déi Fuervuerbueter, déi elo ronderëm zirkuléieren vun Dieselautoen, déi brénge ganz vill Unsécherheet fir d'Leit - Paräis a Roum keen Diesel méi ab 2024, Mailand ab 2030. Fir den einfache Bierger ass dat schwéier ze verstoen.

D'Leit hunn Erwaardungen un d'Politik. Kuckt do nëmmen d'Manifestatiounen, déi elo zu Bréssel waren, déi weisen, dass d'Demande

vun de Bierger, virun allem vu ganz ville Jongen, do ass, fir dass eppes geschitt! 24.000 Manifestanten zu Bréssel waren de 24. Januar 2019. An déi weisen, dass mir alleguer eis eiser historescher ökologescher Verantwortung musse bewosst ginn.

Iwwregens ass de Klimawandel weltwäit déi Bedroung, déi d'Leit am meeschten usprécht oder hinnen am meeschten Angscht mécht. 67 % hunn éischter Angscht virum Klimawandel oder virun allem, wat Klimaproblematik ass, an eréischt duerno kënn d'Angscht virun terroristeschen Uschläi. An déi drëtt, mengen ech, dat sinn d'Cyberattacken, déi de Leit Angscht maachen.

Just eng kleng Klammer: Bei deene ganz rietse Politiker, do ass d'Angscht virun den terroristeschen Uschläi un éischer Plaz. Dat ass natierlech och eppes, wat déi ganz gäre mat schüüren. Klammer awer erëm zou.

D'Ofgase vun den Autoen, déi si just op zweeter Plaz bei den Emissiounen vu Particules fines am Stroosseverkéier. D'Ofgasen, wëll ech hei betounen. Déi meescht Particules fines - an et ass virdrun och scho gesot ginn - entstinn och duerch Reiwung vun der Kupplung, vun de Bremsen, vun de Pneuen, an och d'Camionen, déi wierbelen d'Particullen erëm op, wa se sech um Buedem ofgesat hunn.

Dofir, et muss een och wëssen, datt den Elektroauto net d'Solution miracle ass. Den Elektroauto, deen huet och Bremsen. Den Elektroauto huet och Pneuen. Déi stousen och Particules fines aus. Mä, an dat muss een awer och soen, richtegerweis, insgesamt ass d'Elektromobilitéit besser fir d'Ëmwelt wéi d'Autoe mat Verbrennungsmotor.

Eng Etüd vun der Europäescher Ëmweltagence seet, dass den Elektroauto, a sengem Cycle de vie, also wou d'Produktioun mat abegraff ass, 17 bis 30 % manner CO<sub>2</sub> ausstéisst wéi en Auto mat Verbrennungsmotor. Also ass et awer eng Verbesserung vun der Situatioun. Mä ech soen awer och, dass et net d'Allheilmittel ass.

Wa mer näamlech an eise Stroummix just erneierbar Energien hätten, da géife mer bei enger Aspuerung vu 70 % beim CO<sub>2</sub> kommen. Do ass also nach vill méi Potenzial.

An Norwegen hu se jo d'Elektromobilitéit ganz staark gefërdert. Si hunn e ganz ambitiöse Programm: keng TVA op Elektroautoen, se därefen d'Busspur huelen, se därefe gratis Stroum zu Oslo tanken. Mä d'Fro muss sech awer stellen, ob dat deen absolutt richteg Wee ass, fir esou den Individualverkéier dann awer ze subventionéieren. Si därefen d'Busspur huelen - wat elo mécht, datt d'Busser ze spët kommen an datt déi am Stau stinn. Ass dat wierklech ökologesch? Wier et net besser, hei vill méi Mëttelen an den ëffentlechen Transport ze investéieren?

Ech mengen, datt dat méi richtig wär. An ech mengen, dass mir hei zu Lëtzebuerg dee Feeler net solle maachen. An dee gëtt och net gemaach, fir nëmmen d'Elektromobilitéit ze ënnerstëtzen an den ëffentlechen Transport net ze ënnerstëtzen. Ech mengen, datt dee jo net gemaach gëtt. Dat ass also och dee richteg Wee.

D'Elektroautoen hunn an der Zukunft ee groussen Defi. Deen éischten ass d'Recherche vun aneren, méi ëmweltfrëndleche Batterien. An deen zweeten ass: Wéi kënne mer méi Recycling bei de Lithium-Ionen-Batterien erreechen?

Hei handelt et sech ëm e komplizierten Demontage vun deene Batterien, vun deenen Akkuen, déi aus villen Einzeldeeler bestinn an déi u sech kee Maartwäert hunn. D'Industrie huet deemno kee finanziellen Interessi, fir dee Recycling do virunzedeieren. An hei wär et gutt, wann de Legislateur géif aktiv ginn. An ech mengen och, dass d'LSAP sech domat ganz staark kéint identifizéieren, wa mer dat op deen dote Wee géife bréngen.

Recyclingobjektiver musse kommen. D'Demande no Kobalt kéint bis 2050 duebel esou héich si wéi d'Reserven, déi haut bekannt sinn. An et mécht net vill Sënn, sech vun enger Ofhängegkeet an déi nächst ze geheien. Bis elo hu mer do just en Taux de recyclage vun 10 % vum Kobalt an do ass nach ganz vill méi dran.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëlt dann awer och un en Thema kommen, wat eis ganz wichteg ass, dat ass déi sozial Dimensioun. Ouni sozial Dimensioun ass all Effort fir den Ëmweltschutz zimmlech sënlos. Am Brundtland-Rapport vun 1987 huet déi sozialistesche Premierministesch vun Norwegen bewosst d'Definitioun vun der Nohaltegkeet op dräi Piliere gesat: d'Croissance vun der Wirtschaft, den Ëmweltschutz an déi sozial Gerechtegkeet. An allen dräi Piliere ware vun darselwechter Wichtigkeet, waren op darselwechter Ebene.

De Piler „sozial Gerechtegkeet“ kennt och keng national Grenzen, gradesou wéi d'Loftverschmutzung. D'Emissiounen si lokal, mä d'Konsequenze si global. Sozial Gerechtegkeet muss





also och tëschent den entwéckelten Industristen engersäits an den Entwécklungslänner anersäits Bestand hunn.

Acatech - d'Deutsche Akademie der Technikwissenschaften - seet, dass 25 bis 30 % vum Elektronikschrott aus Europa all Joer exportéiert gëtt a Länner mat vill méi niddrege Standarden. A kee wëllt richteg wëssen, wat do geschitt. D'Entwécklungslänner därefen op kee Fall zur Mülldeponie vun eiser schicker Elektromobilitéit ginn. Dat ass ee groussen Defi, well d'Zuele vun de Batterie klamme wäerten. Eleng VW wëllt bis 2025 eng Millioun Elektroautoe verkafen, an déi fuere jo net alleguerten nëmme mat Loft.

An dobäi kann et grouss Schied ginn. Ech hu virdrun de Kobalt ugeschwat. Do wäert sech d'Nofro bis 2026 bis op 225.000 Tonne verduebelen an Europa. Dee Kobalt kënnt zu engem groussen Deel aus dem Kongo, mat alle Konsequenzen, déi dat huet: Kannerarbecht an de Minnen, Finanzement vu Konflikter. Vill ONGen, zum Beispill Amnesty International, weisen op déi onmenschlech Konditione hin an deene Minnen. Kanner ab siwe Joer ginn do gezwongen ze schaffen - wat einfach net unzuehuelen ass.

D'Regierungen därefen hei net ewechkucken. Och seele Buedemschätz aus China ginn ofgebaut, a grad ënnert deene selwechte schlechten Aarbechtsbedingungen. Hei huet de Legislateur och eng Responsabilitéit, eng gewësse Suergfalspflicht anzeféieren, wéi vun den ONGen an der Internationaler Aarbechtsorganisatioun och gefuerdert.

D'Elektroautoe sinn och haut nach ëmmer e Luxusartikel. Déi Primm vu 5.000 Euro, déi ännert och dorunner näischt.

Leider gëtt et keng onofhängeg Étude de marché iwwer d'Elektroautoen hei zu Lëtzebuerg, well mer keng Masse critique hunn, an ee Joer méi Immatrikulatiounen géif jo och direkt iwwerinterpretéiert ginn.

2018 hu mer 430 Elektroautoen hei zu Lëtzebuerg zougeloo, par rapport zu 50.000 Diesel- a Bensinnsautoen. Fir déi breet Mëtt vun der Gesellschaft ass also den Elektroauto nach ëmmer net accessibel.

Ausserdeem kënnt do och e groussen Ecart beim Akafspräis derbäi, well d'Elektroautoen u sech och am Prinzip vum Wierk aus besser equipéiert sinn. Dat kënnt och doduerjer, well sech déi eenzel grouss Firmen net selwer wëlle Konkurrenz maachen an hir eegen Autoe mat Verbrennungsmotor och weider wëlle verkafen.

D'Recht op eng intakt Ëmwelt an eng propper Loft ass e Mënscherecht. Och wa kee vun deene Verträge an der UNO d'Recht op eng intakt Ëmwelt explizit als Mënscherecht definiert, gëtt awer an Artikelen - dem Artikel 11 an dem Artikel 12 -, d'Recht op en uerdentleche Liewensstandard an d'Recht op Gesondheet, déi hei also kënnen a Fro gestallt ginn.

An d'Degradatioun vun eiser Ëmwelt, déi trëfft virun allem déi sozial méi schwaach. Si sinn net nëmme méi exposéiert bei Naturkatastrophen, mä och bei der Loftverschmutzung.

Eng franséisch Etüd zu Paräis iwwer 80.000 Doudesfäll am Joer 2004 bis 2009, weist op, dass den Taux de mortalité dräimol méi héich ass fir sozial defavoriséiert Leit, wann d'NO<sub>x</sub>-Emissiounen ëm 10 Mikrogramm pro Meter Kibb klammen, dat, well d'Leit zum Deel a méi polluëierte Quartiere wunnen, dat awer och, well se méi oft der Pollutioun op der Aarbecht ausgesat ginn an net d'Méiglechkeet hunn, Vakanzen ze maachen a Géigenden, wou manner Pollutioun ass.

D'Ëmwelt am Allgemengen, d'Loft am Besonnesche konditionéieren eis physisch an eis mental Gesondheet. Si hunn en immensen Impakt op eis Fäegkeeten, also op dat, wat mir erreeche kënnen duerch d'Opportunitéit an d'Fräiheeten, déi et an eiser Gesellschaft gëtt.

Wann een d'Chance huet, an enger intakter Ëmwelt opzewuessen, dann huet ee méi sozial Méiglechkeete wéi een, deen déi Chance net huet, an duerfir gi fir eis Chancéglichheet an Ëmweltschutz mateneen. Déi Saache sinn net vuneneen ze trennen.

Klimaschutz jo, mä e muss sozial encadréiert ginn. An d'Käschten, déi dat mat sech brénge wäert, därefen net vum klengen Mann eleng an exklusiv gedroe ginn.

Lëtzebuerg muss hei grouss Efforte maachen. Dat och dowéinst, well zu Lëtzebuerg den ökologesche Footprint zimelech héich ass. Mir verbrauche vill Energie hei. Dat zum Deel och, well mer ganz vill Leit hunn, déi an eist Land schaffen kommen an hei mat Energie verbrauchen, awer dat oft nëmmen duerch d'Awunnerzuel gedeelt gëtt.

Mir sinn also an enger spezieller Lag an et ka sécherlech d'Fro opkommen, firwat dat eis Re-

duktiounsziel esou héich muss sinn: Ma ebe grad, well eise Footprint och esou héich ass.

An da stellt sech d'Fro natierlech - an déi ass virdrun och opkomm - vum Tanktourismus a vun der Kompensatioun dovunner. Déi Kompenséierung däreft net vun alle Bierger ondifférenziéiert gläich staark ze bezuele sinn. Mir müssen derfir suergen, dass deenen Ausgläich sozial gerecht muss verlafen, dass déi, déi méi hunn, och méi hei mussen kënnen bezuelen. Hei stelle sech dann natierlech d'Fuerderungen zu Alternativen zu där Kompenséierung - Alternativen, déi et ginn an deenen ee sech net däreft verschléissen. Ech denken dann hei och elo emol ganz haart iwwer den Impôt sur la fortune no.

A wann, wéi Oxfam et seet, dee räichen 1 % méi besetzt wéi alleguer déi aner, déi 99 % zesummen, dann ass et verständlech, dass de Bierger net versteet, firwat bei engem globale Problem wéi deem vum Ëmweltschutz, dee keng Grenze kennt, wou mer alleguer dovunner betraff sinn, jiddereen iwwert deeselwechte Leescht gezu gëtt an déi méi Räich also net méi erugezu ginn, fir eis alleguer d'Liewen op eise Planéit weider an a gudden Konditione ze erméiglechen.

An och zu Lëtzebuerg gëtt et sécherlech eng Clientèle, deenen et méi einfach fält, fir déi Transition écologique matzefinanzéieren. Mä et gëtt awer och déi aner. A fir déi, Dir Dammen an Dir Hären, do wäerte mir Sozialisten eis staarkmaachen.

Mir wëlle Klimaschutz, deen net op d'Käschte vum klengen Bierger geet. Mir wëllen nient der ökologescher Fro, déi eis ganz wichteg ass, och déi sozial Fro op deeselwechten Niveau stellen an d'Fro stellen, wien da vum Räichtum hei zu Lëtzebuerg profitéiert a wien da fir déi Transition écologique muss bezuelen.

Ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Engel. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Och vun eis aus e grouss Merci un de Rapporteur, deen eis, mengen ech, e ganz engagéierte Rapport haut presentéiert huet.

Just vläicht e puer Wuert. Natierlech, mengen ech, si mer alleguer heibannen der Iwwerzeegung, dass eis Loftqualitéit héich muss sinn, dass dat e ganz wichtige Bäitrag zu enger Gesondheitspolitik ass. An och dowéinst si mir der Iwwerzeegung als ADR, dass dës Protokoll soll ëmgesat ginn, awer ech kommen elo zu e puer Remarken an deem Kontext.

Dat Éischt ass, dass ee Politik - an ech mengen, dass ass ganz wichteg - muss rational bedreiwen, mat Verantwortung. Net a Panik an net an Angscht, wéi et vu verschidde Säite suggeréiert gëtt, mä eben opgrond vun esou zolitten, wëssenschaftlechen Erkenntnisser wéi méiglech.

Mir hunn an der leschter Zäit gesinn, dass verschidde vum deene Referenzwäerter an d'Diskussion komm sinn. Dat ass gutt esou, well wa se hannerfrot ginn, da muss se iwwerpräift ginn. Nei Modeller mussen vläicht opgestallt ginn, nei wëssenschaftleche Erkenntnisser matberücksichtigt ginn. Sinn déi 40 Mikrogramm pro Kubikmeter eng sënnavoll Grenz oder net? Alles dat muss gekuckt ginn an eis Legislatioun soll sech deene beschtméiglechen aktuellste wëssenschaftlechen Erkenntnisser upassen.

Et ass och esou, de Vertrieeder vun der LSAP, den Här Engel, huet et elo gesot, dass eng sozial Komponent dran ass. Mä mir gesinn an Däitschland mat deenen Demonstratiounen fir den Diesel am Abléck, mir gesinn a Frankräich mat de Gilets jaunes, dass Ëmweltpolitik ganz ëmstridde ka sinn an zu sozialen Onroue ka féieren.

Dofir ass et, mengen ech, fir eis wichteg, och am Interess vum enger sozialer Begleitung vun enger Ëmweltpolitik op rationalen, novollzéibaren an objektive Kritären ze handeln, fir dass d'Leit et och kënnen verstoen a matdroen. An dat gëllt eben och fir all Grenzwäertdiskussion.

Eis Kritik als ADR berout also net op deem Wonsch an op deem Wëllen, dee mer voll matdroen, fir eis Loftqualitéit esou héich wéi méiglech unzehalen, mä op enger Gesamtevaluatioun, wou d'Gesondheitskritären an d'Loftqualitéit matberücksichtigt gi mat anere wichtige Maxime vum eiser Politik, wéi zum Beispill och der Méiglechkeet vun der Landwirtschaft, un der Industrie kënnen kompetitiv ze funktionnéieren, an och dem Respekt virun der individueller Fräiheet. An dozou gehéiert nun eemol och den individuelle Verkéier,

d'Méiglechkeet vun de Leit, en Auto ze hunn a sech kënnen fräi mat deem ze deplacéieren.

Firwat geet d'Regierung hin an hält Engagementer vu minus 83 %, wat an där ganzer Europäescher Unioun eemoleg héich ass? Eis Haltung ass do eng aner. Mir sollen als Lëtzebuerg an der Moyenne vun den Engagementer bleiwen, aus enger ganzer Rei vu Grënn, déi ech elo ugeschwat hunn, an net Virreider an enger Situatioun sinn, wou mir domadder géintivwer anere Länner Nodeeler hunn.

Ech mengen, och dat muss ee gesinn am Kontext vun deem, wat déi Lëtzeburger Pollutiounswäerter oder Loftbelaaschtungswäerter reell sinn, nämlech extrem niddreg, europawäit a weltwäit.

Mir därefen Ëmweltpolitik net verwiessele mat enger ideologescher Politik. A mir hunn e bëssen den Androck, dass d'Regierung Ideologie mécht, Ideologie géint den Individualverkéier.

An dat gesäit een net nëmmen hei an der Diskussioun ëm d'Grenzwäerter, wou eben den Transport e relativ héijen Undeel um Stéckstoff huet oder um renge Stëbs, mä et gesäit een et gläichzäitig och un deem Wonsch, elo d'Steieren ze erhéien an deem Beräich, d'Akzisen, wou eigentlech och keng budgettechnesch Noutwendegkeet besteet, well d'Regierung jo mat engem groussen Houfert drop higewisen huet, dass de Budget zejoert am Gläichgewicht war.

Wat ass also d'Ursach? Den Här Engel als Vertrieeder vun der LSAP seet hei: „Mir hätte gär eng sozial Begleitung.“ A gläichzäitig mécht d'Regierung, wou d'LSAP och dran ass, eng Steiererhéijung op den Akzisé vun 1, 2 oder 3 Cent dëst Joer an nach eng Kéier esou vill d'nächst Joer. Wou ass dann do déi sozial Komponent? Ouni eng budgetär Noutwendegkeet eng Steiererhéijung ze maachen, déi dem Klima net profitéiert an deene klengen Leit, fir déi d'LSAP sech jo wëllt setzen, garantiéiert och net. Da géif ech soen, da sollt d'LSAP kucken, dass et net zu enger Erhéijung vun den Akzisé kënnt.

D'ADR ass déi éischt Partei, déi kloer den Ëmweltschutz ënnerstëtzt op Basis vu klaren, novollzéibare wëssenschaftleche Kritären. Dat ass esou. Awer mir wëlle keng ideologesch Politik a mir wëllen och net, dass de Begrëff vun der Moral hei falsch benotzt gëtt. An ech soen lech firwat.

An der Kommissioun huet d'Madamm Minister gesot, d'Regierung hätt sech fir déi minus 83 % engagéiert, well dat eng moralesch Verpflichtung wär. Et ass awer och eng moralesch Verpflichtung vun enger Regierung, derfir ze suergen, dass eng Ekonomie ka funktionnéieren an dass d'Fräiheet vun de Leit net ageschränkt gëtt. An et ass eng moralesch Verpflichtung vun enger Regierung, net Reklamme ze maache fir Elektromobilitéit, wou se weess, dass ongeféier 20 % vun deem Kobalt, dee fir d'Elektromobilitéit gebraucht gëtt, vu Kannerarbecht am Kongo produzéiert gëtt.

Wien dat da mat Prämie vu 5.000 Euro fërdert a Reklamme mécht, fir voll op Elektromobilitéit ze goen, wëssend, dass d'Kanner am Kongo ënner onméigleche Konditione derfir schaffen, dee soll hei net vu Moral schwätzen, wa mir soen, dass mir eis Politik op eng novollzéibare Wëssenschaft sollen opbauen.

Dat ass eppes, wou mir net matmaachen. Mir wäerten eis bei deemem Projet enthalten. A mir waarden a mir verlaangen, dass d'Ëmweltpolitik och ënnert dëser Regierung eng Politik ass, déi probéiert, d'Interesse vum Land mat enger wirklech engagéierter Ëmweltpolitik ze verbannen. Dat ass eng Fuerderung.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Kartheiser. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Bei där Diskussioun, déi mer haut féieren, déi och den Tanktourismus tangéiert - ech maache schonn d'Transitioun u sech par rapport zu mengem Virriedner -, hunn ech heiansdo den Androck, dass vu gewëssener Säit gesot gëtt: „Jo, natierlech, mir müssen derfir suergen, dass d'Loft propper bleift, mir müssen eppes géint d'Loftverschmutzung maachen, mä bon, et ginn och national Interessen, op déi ee muss Rücksicht huelen.“ E bëssen esou, wéi wann d'Ëmweltfro e gewëssene Luxus duerstelle géif an u sech als zweetrangeg géif ugesi ginn.

Mä, Här President, wann et ëm d'Ëmwelt geet, wann et ëm d'Loftverschmutzung geet, da ginn et keng national Interessen, well d'Pollutioun an d'Natur esou eppes wéi Grenzen an Natione net kennen. Dat konnt nëmmen an onse Gehirer entstoen.

Ëmweltproblematike sinn näischt Neies. Ech hat schonn eng Kéier hei op dëser Tribün un eng grouss Ëmweltbewegung a Japan erënnert, eng vun deenen éischten iwwerhaupt weltwäit, an der Meiji-Ara, an den 80er Jore vum 19. Jorhonnert ongeféier. Do gong et schonn ëm d'Pollutioun an d'Zerstéierung vun Agrarbiendem duerch d'Exploitatioun vu Kofferminne wéinst der Militariséierung vu Japan an esou weider.

Méi no un eiser Problematik elo, wou et jo och ëm d'Loftverschmutzung geet, sinn déi éischt ökologesche Konflikter an Europa gewiescht, scho ganz fréi, am 19. Jorhonnert, wou et ëm d'Belaaschtung vun der Loft duerch Salpéter-Dioxid (veuillez lire: Schwefeldioxid) gaangen ass, deen aus de Kamäner vun de Kraaftwierker ausgestouss gouf. An dogéint gouf et wirklech grouss Protestbewegungen.

A wat ass du geschitt? Wat huet d'Industrie gemaach? Wéi huet si drop reagéiert? Majo, fir deem entgéintzewierken, hu se dann d'Kamäner vill méi héich gebaut, bis op 140 Meter - et ginn der jo nach, et kann ee se gesinn -, soudatt u sech déi Schuedstoffer zwar weiderhin erauskomm sinn, mä sech méi wäit verdeelt hunn. Et ass op datselwecht erauskomm, mä et konnt een et natierlech manner konzentréiert op enger Plaz mierken.

De Protokoll vu Göteborg baut jo och op d'Genfer Konventioun iwwert d'grenziwwerschreidend Loftverschmutzung op, déi sech jo och an éischter Linn an de 70er, 80er Jore vum leschte Jorhonnert bemierkbar gemaach huet, wou et och ëm sauere Ree gaangen ass. An elo si mer bei der grenziwwerschreidender Logik.

Ech hu ganz am Ufank schonn den Tanktourismus ugeschwat. Dat ass e bëssen och eise grouss Kamäin, wësst Der, wou hei u sech produzéiert gëtt oder verkaaft gëtt an awer anescht ersicht behandelt gëtt. An ech mengen, beim Tanktourismus ass et evident: Et ass keen onwichtig Element vun eise Recetten, och wann d'Gesamtkäschten déi direkt Recetten, déi mer doraus bezéien, wahrscheinlech iwwertreffen.

De Problem ass jo deen, dass Lëtzebuerg duerch seng Tanktourismuspolitik a Wirklechkeet ee Spëtzerreider a Fro vu schlechte Stoffen ass. Net nëmmen den Tanktourismus, mä ech wollt mech awer e bëssen domadder befaassen.

Elo kënnt natierlech déi quokeleg Fro, wéi een dat berechent. An dat war jo och eng grouss Diskussioun an der Kommissioun, iwwert déi elo am Plenum komescherweis net vill geschwat ginn ass. Dat huet mech gewonnert, well mir bal nëmmen doriwwer geschwat a gestriden hunn an der Kommissioun. An dat ass d'Fro, wat mer elo betruachten, ob mer weiderhin, wéi bis elo, de Spritt kucken, deen hei consomméiert gëtt oder deen hei verkaaft gëtt.

Mir sinn evidenterweis der Meinung, dass ee muss de Verkaf betruachten, well dat och der Realitéit entsprécht. A wa mer wëlle seriö geholl ginn, da kënnen mer jo net soen, dass dat Eenzegt, wat mir betruachten, de Spritt ass, dee mir hei consomméieren. Well global gesinn, gëtt all Drëps Spritt ...

An do huet den Här Engel och recht, et kann ee sech net nëmmen op den Diesel konzentrieren. Ech mengen, et war den Här Engel, deen dat gesot huet? Jo, okay. Jo, Dir hutt esou vill Saache gesot, ech hunn net alles verhalen. C'était instructif.

Mä all Drëps Spritt, déi hei verkaaft gëtt, déi gëtt iergendwou consomméiert. An do stellt sech d'Fro, ob et eis och egal ass, dass d'Feinpartikelen, déi mir hei verkafen, sech eréischt op där aner Säit vun der Musel op eemol erëmfaangen oder opstauen, well mat dëser Logik een dat jo och ëmgedrëit ka gesinn. Mir hate jo eng Question parlementaire gestallt iwwert déi däitsch Kuelekraaftwierker, vun deene mir natierlech och Energie bezéien an déi eis eege Loft verpeschten. Dat ass jo och e Problem. Also ech mengen, do si mir natierlech déi, déi ugeschass ginn, fir dat esou ze soen. Mä mir maachen dat och ëmgedrëit mat anere Mëttelen. An dat ass de Problem.

Bon, vun deemem Protokoll si fënnf Stoffen betraff, déi schonn ernimmt gi sinn. All déi Stoffen sinn nogewisenerweis - awer wirklech nogewisenerweis, do brauch ee keng weider Etüden ze maachen - schlecht fir d'Gesondheet, déi kënnen Krankheete vun den Otemweeër, kardiovaskulär Problemer oder Kriibs erviruffen. An et ass och scho gesot ginn, et sinn Zuele genannt ginn, wat dat fir en humane Käschtepunkt huet. Ech mengen, an Europa sinn et eng hallef Millioun Leit, déi pro Joer dorunner





stierwen. An zu Lëtzebuerg schwätze mer pro Joer vun 300 Doudesfäll.

An do stellt sech eng moralesch Fro: Wivill ass e Mënschleewen u sech wäert? Well dorëms geet et iergendwéi. Sinn déi, déi den Tanktourismus zum Beispill verteidege wëllen an déi Recettë verteidege wëllen, bereet, datt een dofir och en humane Präis bezitt? Dat heescht, datt Leit, vläicht net all déi 300 pro Joer, mä datt e groussen Deel vun deene Leit stierft? Oder datt hir Gesondheet staark beanträchtegt gëtt? Iergendwéi monnayéiere mer do d'Gesondheet a Mënschleewen. An dat ass eng Fro, mat där mer eis awer seriö mussen ausernee-setzen.

Ech mengen, datt een déi net monnayéiere kann. Da kann een natierlech soen: „Mir brauchen déi Recetten awer.“ Bon, doriwwer léisst sech diskutéieren. Eischstens sinn et Recetten, well et gëtt jo déi Ewringmann-Etüd, déi vläicht perfectibel ass, ech weess dat net, mä déi op jiddwer Fall versicht, ze beleeden, an déi dat relativ gutt mécht, datt déi global Käschten u sech méi grouss si wéi d'Recetten, déi mer doraus bezéien. Eischstens.

An zweetens, wier et emol net esou, hätte mer och e Gap an de Recetten direkt, ben, et ginn aner Recetten, déi méiglech sinn an déi vläicht méi gesond sinn an och méi sozial sinn. Et kann een d'Profitter méi besteieren an net manner, wéi dat elo gemaach gëtt. Et kann een d'Kapital méi besteieren. Et kann een déi Räich méi besteieren. Et kann een an engems wirklech eng Sozialpolitik maachen. An dat kann ee ganz einfach wettmaachen.

Zum Steierdumping, well dat ass jo eng Konsequenz vum Steierdumping. Mir wëllen déi Besteierunge vun den Entreprises hunn. Da muss een d'Sue siche goen an da komme mer op esou Iddie wéi den Tanktourismus, well dat eis Suen erabréngt. Mä dat muss een awer ëmkippen. Steierdumping ass u sech schlecht vun engem soziale Point de vue, mä och schlecht fir d'Gesondheet.

Lëtzebuerg wäert elo, an dat begréisst mer awer och, wann ech dat richtig verstanen hunn, de Vendu mataberechnen. Wéi dat elo genau gemaach gëtt, ass nach net esou kloer, mengen ech. Oder vläicht awer - mä ech wäert déi Rechnung souwisoou ni verstoen. Dat ass vill ze vill komplizéiert. Ech sinn e kleng Stater Deputéierten, kee Landdeputéierten, mä dat ass datselwecht. Mä op jidde Fall si mer der Meinung, datt dat déi richtig Richtung ass.

An dat ass ëmsou méi wichtig, wéi mer och an enger Antwort op eng Question parlementaire gewuer gi sinn, déi justement déi Hären Engel an Di Bartolomeo gestallt hunn, datt d'Differenz vum Sprittpräis mat den Nopeschlännern ëmmer méi grouss gëtt. An dat féiert dozou, datt eis Verantwortung an der Loftverschmutzung och méi grouss gëtt.

Et muss een awer och e bësse vu gewësse Reaktiounen ewechkommen. Zum Beispill ginn et jo och Plazen, wou d'Verschmutzung méi staark ass - ech soen zum Beispill Käerjeng - a wou duerno d'Resultat dat ass, datt een e Contournement baut. Dat heescht, fir dat e bëssen opzedeele an esou weider, baut ee weider Stroossen. Dat war op jidde Fall d'Begrënnung. Ech mengen, datt dat net dee richtige Wee ass.

Mä, Här President, zum Ofschloss wollt ech just soen: Mir kommen net derlaanscht, wa mer eng richtig ekologesch Transitioun wëllen, eis déi Fro ze stellen, datt se immens vill wäert kaschten, well een immens vill an den ëffentlechen Transport muss investéieren, well ee wirklech ganz staark an erneierbar Energie muss investéieren, wat net vun haut op muer geschéie wäert. An dat alles wäert immens vill kaschten. A mir kommen net derlaanscht, eis Wirtschaft ëmzekrämpelen an d'Fro vun der Maximiséierung vum private Profitt och ze stellen, well déi zwou Saachen enk mateneen zesummenhängen.

Et ass d'Fro vun enger radikaler Ëmverdeelung vum Geld vun uewen no ënnen, déi sech stellt. Dat ass och eng ekologesch Fuerderung, déi zënter dem Ufank vun der politescher Ekologie ëmmer gestallt gouf, hautzdaags leider manner oft, mä ech mengen, mir mussen geräich dozou kommen.

Dofir, Här President, wäerte mir trotzdeem dese Projet de loi, dat kënnt Der lech virstellen, genausou wéi an der Kommissioun matdroen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. Da wär et um honorabelen

Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dat doten ass en Thema, wou keen d'Aen zoumaachen däerf, keen ewechkucke kann, well gehandelt muss ginn. Et ass eng global Bedroung vun eiser Zäit an, wéi richtig erwänt, mécht et net virun de Grenzen halt. Mir si warscheinlech déi lescht Generatioun, déi elo do nach eppes op d'Schinne bréngen kann, fir dass d'Situatioun sech net verschlëmmere wäert.

Dofir wëlle mir Piraten och emol eng Kéier d'Madamm Dieschbourg luewen, well op ville Punkte si mer mat hir enger Meinung, wat d'Ëmweltpolitik ubelaangt. A mir mussen och soen: Hiert Engagement an Europa ass richtig a wichteg.

► **Une voix.** - Hei zu Lëtzebuerg!

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - An an Europa. Also ech muss awer och luewen, dass d'Madamm Dieschbourg och an Europa oft gutt Positionen, wat d'Ëmwelt betrëfft, vertrueden huet.

Schlëmm fanne mir awer, dass mer an Europa nach ëmmer net esou wäit sinn, dass mer eng wirklech kohärent Ëmweltpolitik hätten. Esou kommen dann emol einfach Nouvelles, dass Polen elo erëm decidéiert huet, nei Kuelekraaftwierker ze féieren. Och dat mécht net op der Grenz halt. Och déi Loft kënnt bis bei eis.

Et ass immens wichtig, dass d'EU vill méi Ambitioune kritt an der Ëmweltpolitik, wéi dat am Moment de Fall ass. Also et muss méi an d'Energieeffizienz investéiert ginn an d'Produkte mussen vill méi kloer gekennzeechent ginn.

Kanner, déi protestéieren, déi erwaarde vun eis Politiker kloer Léisungen, net iwwermuer an net muer, mä am léifste scho geschter.

Net averstane si mer awer da mat der Regierung, wat d'Elektroprimmen ubelaangt. Mir sinn averstanen, dass een Elektroautoe ervirhiewen soll a finanziell Ureizer schafen. Woumat mer awer net averstane sinn, ass, dass ënnert déi Primm och déi nei grouss Fënnel-Meter-SUVe mat véier mol véier gefall sinn, déi en Energiebilan hunn, wou een esou zimlech 200.000 Kilometer muss fueren, bis dat en Diesel géif toppen, wat d'Bilanz ubelaangt. An trotzdeem kritt een awer do 5.000 Euro nogehait. Natierlech sinn dat och Autoen, déi iwwer 100.000 Euro kaschten. Do deet dat net esou vill wéi bei deene klengen. Mä trotzdeem hätte mer eis gewënscht, dass do an der Ëmweltpolitik awer och e bësse méi drop opgepasst gi wär, wat déi Autoen herno un Energie verbrauchen.

Wou mer scho beim Autosverkäier sinn, do vertrieide mir nach ëmmer d'Meenung, dass d'Autosteier soll ofgeschaaft ginn an een eng CO<sub>2</sub>-Steier schaaft, fir dass et en Ureiz gëtt, dass Autoen, déi hei am Land fueren, méi propper sinn.

D'Camionsflotte mussen fir d'Zukunft ëmgerüst ginn. Et ass richtig ugeklongen, dass d'Camione mat dee gréisste Verpeschter vun der Natur sinn. An deementspriedend ginn et do ganz vill nei Moyenen, och iwwert d'automatiséiert Fueren, wou ee kann den CO<sub>2</sub> kräfteg erofsetzen.

De gratis ëffentlechen Transport, wéi mir en zënter Jore gefuerdert hunn, wäert Lëtzebuerg elo hëllefen, seng Emissiounswäerter anzehalen. Am Alldag kann och jiddweree mathëllefen. Et ass net nëmmen d'Politik selwer, mä och all Bierger dobausse ka mathëllefen, fir d'Emissiounswäerter erofzesetzen. Dat fänkt heiansdo ganz banal u mam Reduzéiere vum Offall oder wann een eng Kéier Offall huet, vläicht mat verschiddene Produiten einfach en Upcycling ze maachen. Dann digital statt Pabeier.

Et ass och virdrun ugeklongen, d'Home-Officen ze stäerken, fir net mussen all Kéiers an de Büro ze fueren. Da méi nohalteg Liewensméttel, regional a saisonal, fir dass een an der Agrarpolitik och Ureizer schaaft, fir dass d'Ammoniakwäerter erofginn. Manner Liewensméttel ewechgeheien. Mir hunn déi Propos gemaach, dass d'Supermarchéen e Virdeel solle kréien, wa se Liewensméttel nach eng Kéier kënnen verwende kuerz virum Datum, wou se oflafen, an des net einfach ewechgehait ginn. Dat ass eng Riseverschwendung vun Energie.

Da sinn och eis Gemenge gefuerdert. D'Gemenge missten higoen a méi effektiv Stroosse-luchten installéieren. Et ass virdrun och ugeklongen, d'Heizungskäschten (veuillez lire: Et ass virdrun och vun den Heizkäschte geschwat ginn), dat betrëfft d'Privatleit, mä et sinn awer och verschidde Gemengen, déi emol eng Kéier kéinte kucken, wou se nach eng Heizungs- oder eng Energiebilanz verbessere kënnen.

Eis ass wichteg, dass net eleng den Autofuerer un de Pranger gestallt gëtt, mä dass eng Variatioun vu Léisunge kënnt, déi musse getraff ginn.

Dofir wäerte mir och dësem Projet zoustëmmen an och mir triede weiderhin a fir d'Reduktioun vun den Emissiounen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Merci, Här President. Erlaabt mer, zum Schluss vun dëser ganz interessanter Debatt op e puer Punkten anzegoen, déi, mengen ech, an en anert Liicht musse geréckelt ginn, déi mech awer e bëssen interpelléieren! An dofir erlaabt mer, e puer Wuert dann dozou ze soen!

Ech mengen, de Rapporteur ass a senger Ausféierung besonnesch op d'gesondheetlech Schied agangen a wéi sensibil insbesondere d'Kanner sinn op Ofgasen. An en huet de Wäert genannt, dass ganz kleng Kanner 40-mol ootmen an der Minutt. Mir Erwuessener si bei 12 bis 18. A viles leeft och am internationale Kontext iwwer Grenzwäerter.

A geschter Owend war um zweeten Däitschen, mengen ech, och eng Debatt iwwert d'Grenzwäerter. Do war eng Wëssenschaftlerin derbäi, déi grad iwwert déi Grenzwäerter geschwat huet. An et ginn u sech keng Grenzwäerter als solches. Déi Grenzwäerter, déi mir haut hunn, déi 40 Mikrogramm fir den No<sub>x</sub>, déi mer hunn, sinn eng Abwägung. Et ass natierlech eng Abwägung tëschent deene Komponenten, déi mer kennen, den Här Engel huet et gesot, vun der Nohaltegkeet, tëschent dem wirtschaftlechen, dem Ëmwelttechnologieschen an dem gesondheetstechnologieschen.

Et ass eng Abwägung, fir zu Grenzwäerter ze kommen. U sech ass dee Grenzwäert vill ze héich par rapport zu de gesondheetleche Schied vun eise Kanner. An déi Abwägung gesi mer grad an deene Länner, déi ganz ofhängeg si vun enger Technologie, wéi den däitsche Marché oder d'däitsch Industrie oder Däitschland am Ganzen. Do ass eng Autoindustrie, wou e Schulterchluss natierlech gemaach gëtt vu sämtlechen Akteuren. An dat geet leider och iwwert d'Politik. Dat sinn d'Gewerkschaften, dat ass d'Industrie an zum Schluss den Individualist, dee säin Auto natierlech an de Vierdergrond stellt.

Déiselwecht Diskussioun kenne mer, wa mer bei eis franséisch Kolleege ginn a mir schwätzen do iwwer Atomenergie. Wa mer a Frankräich iwwer Atomenergie wëlle schwätzen an iwwert d'Geforen, déi insbesondere e Land wéi Lëtzebuerg huet vis-à-vis vu Cattenom, dann ass deeselwechte Schulterchluss do. Dat heescht, de Schulterchluss vu Gewerkschaft, Industrie, Politik, fir eben ze soen, dass et net gutt ass.

Dofir, déi Grenzwäerter sollten esou minimal si wéi méiglech. Ech sinn e bësse geschiedegt an där ganzer Grenzwäertdebatt, well ech a menger fréierer Funktioun zu Réimech jo och eng Moosstell agefouert hunn op engem sougenannten Hotspot, wou mer wäit iwwert deem virgenannte Wäert sinn, wou et natierlech och eng moralesch Verantwortung war vun de Politiker, déi all Dag awer och do Kanner gesinn, déi do déi Strooss op- an ofginn. Dat ass déi sougenannten Enzergaass, wou all Dag 17.000 Beweugunge pro Dag aus dem Saarland eriwuer a Lëtzebuerg kommen.

An dat ass eng grouss moralesch Verantwortung fir eis Politiker. An dofir mussen mer alles maachen, fir dass mer déi schützen, déi am vulnerabelste sinn, an dat si fir mech eben hei och d'Kanner.

An dat ass eben déi Fräiheet, déi mer jo hunn als Erwuessen. Mä mir mat eiser Fräiheet, fir all Dag mat eisem SUV da vläicht ze fueren, schränke mer engem aneren d'Fräiheet vum Weiderliewen an. An ech mengen, déi Abwägung hu mir heibannen, déi Responsabilitéit ze maachen. An dofir ass et wichtig, dass eischstens um europäesche Plang Rumme gestallt ginn, e Kader gesat gëtt. Dofir si mir an der Verantwortung hei an der Chamber, dass och déi Lëtzeburger Rummen esou gestallt ginn, dass mer dat och kënnen novollzéien.

Et ass och net eleng den Individualtransport, deen alles verschëllt. An ech mengen, mir ha-

ten an der Kommissioun eng Tabell ausgedeelt kritt, wou sämtlech Wäerter opgedeelt ginn, an ech huelen nëmmen de Schwiefel. Fir de Schwiefel ass haut nach d'Industrie zu 95 % verantwortlech.

Dir kënnt lech och erënneren un déi Debatt iwwert de sauere Reen, wou gesot gouf: Panik, Panik, Panik. Jo, et war eng Panik. Gitt an Ost-däitschland kucken, wat do geschitt war, wéi d'Bëscher deemools do ausgesinn hunn, well natierlech d'Technologie net um Point war, well mer net déi néideg Ofgastechnologien hatten an déi Entschwiefelungsanlagen absolutt net fonctionnéiert hunn. Et huet zwar och zu dramatesche Konsequenze gefouert, dat ass déi sozial Komponent, dass no der Wend viles füttigaangen ass vun industrieller Aktivitéit, dass doduerch natierlech och et zu enger Minderung komm ass vun de Schadstoffe, mä awer och den technologieschen Asaz ass dee wichtigsten, dee se maachen.

A wann d'Politik déi virsetzt, da kënnt d'Industrie no, an dat gesi mer duerch déi eenzel Euro-normen, déi mer hunn, a wann Der kuckt, dass déi nei Technologie vun Autoen dat mëttlerweil awer och kann erreechen.

Wann ech d'Stéckoxider och nach kucken, do ass och d'Industrie zu 17 % verantwortlech. Mä do ass de gréissten Undeel den Auto oder den Transport am Allgemengen, 60 %. A wann een dann an déi eenzel Diagrammer och erëm kuckt, da musst Der déi och virun Aen halen. Et ass net nëmmen den Auto, et ass och de Camion, et sinn och d'Heizungen doheem, et ass och d'Pollution de fond, déi vun engem Schëff, mag sinn, ka kommen. De Virdeel awer, firwat d'Schëffer net déi Auswirkung op der Musel hu par rapport zu deenen Uertschaften, déi laanscht d'Musel sinn, ass, well mir 85 % vun der Zäit Ostwand hunn, soudass mer Gott sei Dank diffuséieren.

De Problem bleift awer och do nach gestallt an et ass net en eenzelne Problem, et sinn der ganz vill. An et ass dofir, wou mer déi Grenzwäerter systematesch mussen erneieren, dass Technologien kënnen nokommen. An déi kommen och no, abordabel fir jiddwereen. An et sinn déi puer Punkten, déi ech wëll hei erabréngen. Dat ass keng Ideologie, dat ass eng Gesondheitsfro, ...

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - ... an insbesondere déi vis-à-vis vun eisen nokommende Generatiounen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kox. D'Regierung huet d'Wuert. Ech ginn d'Wuert un d'Ëmweltministesch Madamm Carole Dieschbourg.

#### Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Hären Deputéierten, ech freeë mech immens iwwert déi grouss Zoustëmmung hei am Raum. Dat weist, datt mir als Politiker wirklech Responsabilitéit huelen, wann et drëm geet, d'Gesondheet ze schützen, d'Ëmwelt ze schützen a künftege Generatiounen och d'Chancen ze ginn, esou wéi mir se haut och hunn, op eng propper Ëmwelt, op eng gutt Loft.

Ech wëll och als Alleréischte dem François Benoy e grouse Merci soe fir dee wirklech vollständene schrëftlechen a mündleche Rapport. An och, datt en dat Ganzt an e Gesamtkontext, mengen ech, gutt geframet huet am Ufank, dat ass ganz wichtig fir gutt a konstruktiv Diskussiounen hei. An ech freeë mech eben och iwwert déi gutt a laang Exposéen zur Loftqualitéit vun deenen aneren Deputéierten, déi hei intervenéiert sinn.

Villes, an dat ass och ugeklongen, wat mer am Beräich Loftqualitéit maachen, dat ass och gutt fir Klimaschutz. Dofir sinn d'Mesuren, déi mer maachen, och net vuneneen ze trennen an dofir huet een hei deelweis Win-win-Situatiounen. An ech wëll awer elo vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir op e puer Froen anzegoen, déi hei gestallt goufen.

Jo, mir stëmmen haut just iwwert den Amendement zum Göteborg-Protokoll of, wou mer u sech d'Aktualiséierung vum Etappenzil 2020 virhuelen, plus eben d'Feinpartikelen, „black



## D'Chamber ass op HD - High Definition

Den alen SD-Kanal vu Chamber TV gouf ofgeschalt.  
Denkt wannechgelift drun, op den neien HD-Kanal ëmzeschalten!





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg  
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

carbon“, also d’Rußpartikel, déi dee Lien zum Klima nach méi däitlech maachen, wou mer dat ugin.

A jo, mir hunn och hei schonn europäesch Legislatiounen, wou mir als Lëtzebuerg ëmmer mat Ambitiounen eragaange sinn, wou et awer och ganz kloer, an do ginn ech op d’Fro vum Här Galles, awer och vum Här Kartheiser an, Berechnungsmethode goufen.

D’Kommissioun huet ursprénglech e Virschlag gemaach, wéi vill pro Land soll reduzéiert ginn an der NEC-Direktiv bis 2030. Pro Land krute mer dunn ... U sech, mir hunn ugefaange mat 75 % Reduktioun bis 85 %. Mir sinn herno bei 83 % gelant. Dat ware laang Negociatiounen tëschent 2013 bis 2016, wou mer da fäerdeg waren. An ech menge perséinlech, datt e Virreider ze sinn am Ëmweltberäich, e Virreider fir eng gutt Gesondheet, datt dat ëmmer e Virdeel ass, an zwar fir jiddereen. A mir schaffe jo als Politiker fir all eis Bierger a ganz besonnesch fir déi schwächsten, ganz besonnesch fir eis Kanner.

D’Basis vun der Berechnung gouf vun der Kommissioun gemaach, fir all Land also d’selwecht. An et ass eng Basis, déi op Energieprojehtiounen baséiert um Verkaf, awer och op der Evolutioun vun Technologien. Den Henri Kox hat elo just d’Euronormen erwänt. An et sinn ebe grad déi Euronormen, Katalysatoren an esou, de Virsprong un Technologie, deen eis och erlaabt, Reduktiounen ze maachen. A mir haten an de Kommissiounssätzunge jo ganz vill Zäit hei an der Chamber, lech och ze weisen, wivill do scho Verbesserungen an deene leschte Jore gemaach goufen.

Also keng Ideologie, mä Berechnungen, wat méiglech ass, a gutt Ziler sech setzen, fir gutt a responsabel Entscheedungen ze treffen.

Och wëll ech dem Här Wagner äntweren: Jo, et gëtt kloer Berechnungsmethoden an et gëtt och vun der Kommissioun e Guidance-Dokument, wat fir jiddereen d’selwecht ass. Domadder kennen natierlech d’Experte sech besser aus wéi mir als Politiker. Mä mir verhandelen dat a mir kucken och ëmmer, dass mer déi beschtméiglech Informatiounen fir eis Experte kréien, deenen ech wëll expressement eng Kéier wierklech Merci soen - de Mataarbechter aus dem Ministère sëtzt douewen. Si erklären eis dat och ëmmer a mir kommen och all Zäit, an dat hat ech och an der Kommissioun gesot, gären zréck, fir lech dat nach eng Kéier ze erklären.

Da kommen ech op den Ammoniak ze schwätzen. Et war näamlech esou, et ass gesot gi vum Här Galles, mir hu genau zwee Elementer, déi méi schwierig sinn. Dat ass eng Kéier d’Emissioun am Ammoniak, wou mer jo 22 % reduzéiere wäerten.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Madamm Minister, sidd Der d’accord, datt den Här Kartheiser lech eng Fro stellt?

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable.**- Jo.

(Hilarité)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Madamm Minister. Ech wollt just froen, déi Propositionen vun der Kommissioun, kënnen mer do eng Kéier déi Kritäre kréien, déi se lech proposéiert hunn? A war bei deene Kritären de Produit intérieur brut op de Kapp vun der Bevölkerung, war deen do mat dran?

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable.**- Ma ech hu kee Problem, och an der Kommissioun dat nach eng Kéier ze beschwätzen. Ech muss lech awer soen, Här Kartheiser, ech hat mech immens gefreet, dass mer haut op de Wee gaange sinn, datt jidderee gesot

huet: „Kommt, mir schwätzen net méi éiweg laang iwwer Berechnungsmethoden, kommt, mir ginn de Problem un!“ Wéi gesot, ech komme gär nach eng Kéier zréck.

► **Une voix.**- Très bien !

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable.**- Elo kommen ech op den Ammoniak ze schwätzen, ee vun deenen zwee Beräicher, wou mer jo nach vill Efforte musse maachen, an dat zesumme mam Secteur. An do hate mer an der leschter Legislaturperiod zesumme mat eiser Landwirtschaft a mat der Kommissioun ee Clean Air Dialogue 2017, wou mer all Akteuren agelueden hunn. Mir hunn zanterhier Aarbechtsgruppe mat der Landwirtschaft, déi sech ëmmer erëm gesinn, soudass mer feststellen, dass mer duerch technesch Machbarkeet, duerch Innovatioun awer eben och duerch konkret Mesuren a grad an deem Beräich wäerten à même sinn.

Ech wëll awer hei och nach eng Kéier betounen - dat wat an eisen Diskussiounen schonn eng Kéier erauskomm ass -, dass mer awer parallel musse oppassen, wa mer e Beräich hu wéi den Ammoniak, wou elo eng Firma, déi op Lëtzebuerg sollt kommen, wann déi bis zu 5 % méi Ammoniak ausstousse géif, dass mer och d’Koherenz vun de Politicken iwwert deen een Haapt-secteur an deem Beräich eraus musse kucken.

Komme mer dann zu de Stéckoxiden, dem Lien mam Klimaschutz: 60 % vun de Stéckoxide kommen aus dem Transport; am Klimaberäich: 64 % vun den CO<sub>2</sub>-Emissiounen kommen aus dem Beräich vum Transport. Dat ass also ee vun deene wierklech grouse Beräicher, wou mer müssen, an dat hu se alleguerter gesot hei op der Bün, konkret Mesurë maachen, sief et am Beräich Reduktioun, aner Mobilitéit, Elektromobilitéit.

Ech mengen, dass hei scho ganz vill Mesurë gesot goufen, wéi den ëffentlechen Transport, dee gratis gëtt, wéi awer och eben déi grouss Investitiounen an deene leschte Joren, wou zwee Drëttel vun den ëffentleche Gelder wierklech haut an d’Schinn, an den Tram an op de Vëlo ginn. An ech mengen dat, wou mer am meeschte kënnen maachen, ass wierklech, wa mer eis Gewunnechten iwwerdenken, landesplaneresch virginn, fir dass mer eben net méi all Meter musse mam Auto fueren. A wa mer dann awer mam Auto fueren, da soll deen natierlech esou propper wéi nëmme méiglech sinn.

An ech kann lech soen, ech war dës Woch nach op der Aalto-Universität a Finnland, wou ee vun de Fokuspunkten, déi mer haten, eben de Recycling vun deene Batterien ass, dass mer do an eng Kreeslafwirtschaft kommen. A Lëtzebuerg huet sech ëmmer, wann et ëm Elektromobilitéit geet, an Europa a mat Europa, derfir agesat, dass hei wierklech, wann Elektromobilitéit, dann och d’Mënscherechter solle garantéiert ginn. Dat ass nach e Stéck Aarbecht, mä mir wäerten och dohinner kommen.

Wat de Fluchhafen ugeet, do schwätze mer vun 0,56 Kilotonnen an do si mer amgaangen, eng Etüd ze maachen, zesumme mam LIST, iwwert d’Loftqualitéit grad am Beräich vum Fluchhafen, well mer do nach wëllen eis Donnéeë verbesseren.

D’Schëfffaart, och dat hu mer gekuckt, dat sinn 0,01 Kilotonnen. Mä, wéi och vum Här Engel a senger Ried gesot, et gëllt, an all Beräich ze schaffen. All Beräich heescht och, dass mer zum Beispill net nëmmen en obligatoreschen Heizungscheck hunn, mä dass mer am Moment amgaange sinn, mam Secteur ze kucken, en neie Flyer erauszubringen, fir eben ze sensibiliséieren.

Ech géif och vläicht nach eng Kéier der Chamber matdeelen: Mir hunn am Juni 2017 e ganze

Mesurëpak, e Programme national de qualité de l’air, eppes wat wesentlech méi ass, wéi dat zu deem Moment gefuerdert vun der Kommissioun war, mat op de Wee ginn. Mir hunn dat duerch de Regierungsrot geholl, zesumme mam Loftqualitéitsplang fir d’Stad Lëtzebuerg. Dat war eng Obligatioun, well mer an der Stad Lëtzebuerg iwwert d’Grenzwäerter eraus waren.

Mir hunn e ganze Mesurëpak, an dee steet um Internet op [emwelt.lu](http://emwelt.lu), deen ass am Juni 2017 virgestallt ginn in Gänze. An dat wär vläicht och fir déi kommend Diskussiounen, déi mer hu mat deem neie Programm, dee mer laut der neier NEC-Direktiv, déi iwwer Reglement ëmgesat ginn ass, datt mer do als Virbereedung eis deen nach eng Kéier ukucken. A mir wäerten en Draft preparéieren, en offiziellen, bis Enn Mäerz - dat hat den Här Hahn gesot -, an da wäerte mer deen zesummen diskutéieren. Dat ass en Draft an dee gëtt dann herno, no den Diskussiounen mam Public, natierlech och vervollstännegt.

Ech wëll awer net verpassen, ech notzen d’Geeleënheet nach eng Kéier, hei op dräi, véier Mesuren anzegoen, déi an deene leschte Jore komm sinn an déi schonn an deem Programm konkret drastinn.

Eng Measure, fir déi ech de Gemengeresponsabele e grouse Merci wëll soen - och deenen, déi hei sinn -, ass déi, dass mer am Klimapak e ganze Volet Loftqualitéit agefüügt hunn, wou an deene leschte Joren ewell ugefaange ginn ass, Moosstatiounen iwwert d’ganz Land opzebauen. An iwwer 30 Gemenge sinn op d’mannst op 75 Plaze Moossunge gemaach ginn, fir e geneet d’Bild iwwert d’Loftqualitéit hei zu Lëtzebuerg ze kréien. Genee dat ass dat, wat mer musse maachen: d’Donnéeë richtig erhiewen, fir ze wëssen, wou mer musse konkret aktiv ginn, well et geet ëm d’Gesondheet vun de Bierger.

Do wëll ech de Gemengeresponsabele Merci soen. An déi kréie jo och eng Ënnerstëtzung vun eis iwwert de Klimapak. Et ass genau dat elo gemaach ginn. Zousätzlech zu deenen dote Moossungen hu mer awer aktuell och eelef Plazen, wou mer eis Donnéeën erhiewen. An dat brauche mer jo, och fir eis Programmer auszugestalten.

Well déi Donnéeën Ëmweltdonnéeë sinn, ass et eis awer och besonnesch wichteg, dass net nëmme mir d’Donnéeë hunn, mä dass déi och transparent sinn. Mir hunn eng Publikatioun doriwwer gemaach. A mir hunn eng nei Loftqualitéitsapp dat lescht Joer virgestallt, wou jiddereen op sengem Handy ka kucken, wéi d’Loftqualitéit bei him ass. An ech mengen, dat ass e flotten Outil, well Loftqualitéit eppes ass, wat d’Leit immens vill interesséiert. An dofir hu mer och hei d’Virdeeler vun der digitaler Gesellschaft genotzt an esou eng App hei agefouert.

Dat sinn e puer konkret Beispiller, wat mer gemaach hunn. Déi vollstänneg Lëscht vun de Mesuren iwwert den Transport, mat der Zesummenaarbecht mat der Industrie, wou och déi neisten Technologien ugewannt ginn, mat der Economie, wou Beispiller wéi en Heizungscheck elo genannt goufen, déi dann d’Kamäiner ugin, iwwert de Volet vun der Sensibiliséierung, kënnst Der ganz gären an deem Mesurëkatalog kucken. Dee gëtt konkret net nëmmen entwéckelt, mä och ëmgesat.

Mir hoffen natierlech op eng flott Zesummenaarbecht an deem Dossier mat der Chamber, wa mer elo bis deen neie Programm op d’Bee gestallt hunn.

E grouse Merci fir déi grouss Ënnerstëtzung an deem Fall!

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Ëmweltministesch. Den Här Galles huet nach eng Fro.

► **M. Paul Galles (CSV).**- Villmools Merci, Madamm Ministesch. Ech hat lech jo e puer Froe gestallt, an ech wëll just nach eng Kéier kuerz drop zréckkommen. Dir hutt der eng Rei beäntwert. Et bleiwen der awer nach zwou op, wann ech elo richtig gekuckt hunn. Ech hu probéiert, et ëmmer iwwerall ze checken.

Déi eng Fro ass awer trotzdeem eng ganz wesentlech. Dat ass déi, ob Der schonn eng Iddi hutt, wéi Der gedenkt ëmzegoe mam Diesel. Dat ass jo déi Fro, déi am Moment awer ganz vill Diskussioun ervirriift, an och ganz vill Veronsécherung, a wou och scho Leit e Choix maachen a wou sech déi Fro ebe stellt, ob dee Choix elo richtig ass oder net. Dat ass déi eng Fro.

An déi aner Fro, dat sinn d’Schëffer ënner Lëtzebuerger Fändel. Ech weess, dass déi elo hei zu Lëtzebuerg keng Loftverschmutzung verursachen. Mä wa mer scho vu Moral a vu Verantwortung schwätzen, dann hu mer jo trotzdeem och eng Verantwortung fir de Schëffver-

kéier ënner eisem Fändel. An en plus gëtt jo awer gesot, dass grad de Schëffverkéier op de grouse Mierer en onheemlech grouse Pourcentage vum Gesamtproblem ass. Dofir, mengen ech, dierfte mer dee ganze Package, dee ganze Problem net betruechten, ouni déi Fro awer och ze betruechten.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- D’Madamm Ëmweltministesch huet d’Wuert.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable.**- Villmools Merci nach eng Kéier fir déi pertinent Froen. Ech hat gemengt, ech hätt am Beräich Transport an am Beräich Diesel u sech eng Äntwert ginn, andeems ech versicht hat, e bëssen ze resuméieren, wat och hei gesot gouf: Eng Reduktioun vun dem Trafic a vun den Autoen ass op jidde Fall dat, wat eis am schnellste fir de Klimaschutz an d’Loftqualitéit hëllef.

A wat d’Dieselen ugeet, do ass et natierlech esou, dass op där enger Säit déi beschten Technologien, och déi Normen, déi an Europa gesat ginn, dass do och iwwerhaupt déi beschten Technologien esou ëmgesat ginn, an net eng Autosindustrie beduckt, wann et ëm Emissiounen geet.

An do gëllt et natierlech esou, dass mer och müssen d’Leit begleeden. An dofir war eng éischt Measure fir op eng aner Mobilitéit. Wa mer da vun Individualverkéier schwätzen, war eng éischt Measure vun deser Regierung, dass mer souwuel d’Elektroautoe wéi awer och d’Elektrovëloen an och déi normal Vëloen, déi net mat Elektresch sinn, ënnerstëtzen, fir no an no fortzekommen. Dat muss een als Transitioun gesinn.

Mir sinn eben hei zu Lëtzebuerg bis ewell an deem favorable Fall, dass mer eben net an esou Senke sinn an dass mer déi Grenzwäerter net iwwerschreiden. Dofir wäert eng Transitioun iwwert déi nächst Joren mat enger Reduktioun vum Diesel natierlech d’Zil sinn, dat souwuel fir d’Loftqualitéit wéi awer och fir de Klimaschutz.

An natierlech muss den Transport, an dat an alle Beräicher, souwuel wat eis Fligieren ugeet wéi awer och d’Schëffer, méi propper ginn. An dofir hu mer eis souwuel an der EU wéi awer och international, an dat souwuel am Beräich Loftqualitéit wéi awer am Beräich Klima, ëmmer derfir agesat, dass do d’Standarden erhéicht ginn. An do wëlle mer natierlech keng Ausnam maachen, wann et ëm eis geet. Ech hunn elo gekuckt, wat hei de Schëffverkéier ausmécht. Dir entschëllegt mech dann, wann ech déi Fro sollt falsch verstanen hunn.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Gilles Roth huet nach d’Wuert gefrot a kritt et och.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här Président. Am Kontext zum Diesel hätt ech eng Fro un d’Ministesch. Den Här Bausch, deen hat virun engem Mount, mengen ech, de Leit gesot: „Kaaft keen Diesel!“ Géift Dir dat dann och ënnersträichen oder net?

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Madamm Ministesch.

► **Une voix.**- Kaaft keen SUV!

(Interruptions diverses)

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable.**- Ech mengen, dass een, wann een esou eng grouss Investitioun mécht, an en Auto ass eng grouss Investitioun, do sollt ee sech ëmmer dat kafen, wat ee mengt, wat am zukunftsäegsten oder am innovativste wär. Ech ganz perséinlech sinn der Meinung, dass mer wierklech musse fort vum Diesel hin zu anere Mobilitéiten. D’Fro ass jo, ob der iwwerhaupt en Auto musst kafen oder op den Elektrovëlo oder op de Vëlo gitt.

(Brouhaha général et hilarité)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Fernand Kartheiser huet nach d’Wuert gefrot.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Madamm ...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Kartheiser huet d’Wuert.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable.**- Wann den Här Roth ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Wéi ass d’Madamm Minister de Mëtten heihinnerkomm?